
# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

2 | 2026

BULLETIN COMMUNAL



## Michel Rodange

3. Januar 1827 - 27. August 1876

*Coverfoto & Foto: Damaris*



# DËST STEET HEI DRAN


Virwuert 2

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 5
Conseil communal 10
Mir gratuléieren! 14
Zivilstand // État civil 14
Interview mat der Kim Ruppert 15
Fréijoersiessen 16

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 19
Maison relais 30
Schoulfest 32

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

Waldbëlleger Musek 35
News vum Turnveräin Ëmmer Fit 39
D'Aeromodeliste vu Chrëstnech 40
FC Olympia Chrëschtnech/Waldbëlleg 43
Club des Jeunes Christnach 44
Sang Mat Waldbëlleg Haler 46

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Vum Picasso inspiréiert 49
Uergelfrënn Waldbëlleg 51
De Galaconcert 54
Museksschoul 57
Kënschtler an eiser Gemeng 58
Société préhistorique luxembourgeoise a.s.b.l. 60
Virun 150 Joer ass de Michel Rodange gestuerwen – duerch de *Reenert* ass hien onstierflech ginn 63

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Buergbrennen zu Haler 69
Buergbrennen zu Waldbëlleg 71
Buergbrennen zu Chrëschtnech 71
D'Populatioun vun der Gemeng Waldbëlleg 72
E Bam fir déi Neigebueren 73
Par Mëllerdall St Michel 74
Club Aktiv Plus An der Loupescht 75
Scheck fir de Wonschstär 76

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Klimapakt 79
De Mëllerdalltrail 83
Der Naturpakt in Waldbillig: Fokus auf den Siedlungsraum 84
Regionales Klimaforum 2025/ 2026 86
Kierfchen 89

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG?
### *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

Agenda 91
Labomobile 91
Gemengerot 92
Restauranten a Caféen 92


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*

# VIRWUERT

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

kuerz virun der Summervakanz wëlle mir Iech e klengen Iwwerbléck ginn iwwer eis Aarbechte vun de leschte Méint an iwwer dat wat an Zukunft usteet.

Beim Ausbau vun der Gemeng sinn d'Bannenaarbechte fäerdeg. D'Aarbechte fir d'Baussenanlag solle bis Enn Dezember ofgeschloss sinn. Mir plënneren net am Juni, wéi am Ufank geplangt, mee am Oktober erëm zeréck op Waldbëlleg an d'Gemeng.





Hei fannt Dir e puer Fotoe fir Iech eng Iddi ze maachen. Zum Zäitpunkt wou se geholl goufen, war nach net grad alles fäerdeg.

D'Duerffest fënnt den 19. Juli zu Waldbëlleg um Site vun der ausgebauter Gemeng statt.

De Schoulausbau mat de fënnef neie grousse Säll an den dräi klenge Säll ass fäerdeg. Just d'Miwwele sinn nach net grad all geliwwert ginn. Dat neit Gebai gëtt de 6. Juli ageweit. Fir den neie Schoulufank am September kënnen déi nei Säll a Betrib geholl ginn.




**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé
Korrekturen: Fiona Koster
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach
Responsabelen Éditeur:
Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënner hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl.*
*Frae gi mat si/se bezeechent.*



D'Spillplaz zu Haler hannert dem Precoce gouf ganz nei gemaach. Mir hoffen, dass se gudden Uklang bei de Kanner fënnt.

Zu Waldbëlleg am Schoulhaff gëtt geplangt, fir nei Spill-geräter opzeriichten.

D'Erneiere vun de Stroossen rue de la Montagne zu Waldbëlleg an der Loetsch zu Chrëschtnech ass um gudde Wee. D'Virbereedungsaarbechte sinn amgaang. Den Zoustand vum Kanal a vun der Waasserleedung goufen iwwerpréift an de Makadamm gëtt op Schuedstoffer analyséiert.

D'Vitess an eisen Dierfer ass nach ëmmer e grousst Theema. Mir hunn e Büro beoptraagt deen eis Mooss-namen ausschafft fir ëmzesetzen.

A verschiddene Stroossen a Parkinge gouf d'Beliichtung op LED ëmgerëscht.

Den Audit vum Klimapakt ass am Juli, eis Gemeng strieft de Gold Status un.

Ugangs Januar 2027 fanne Feierlechkeeten zu Éiere vum Michel Rodange statt, säin 200. Gebuertsdag gëtt grouss gefeiert. D'Plangen dovunner ass um Lafen.



D'Uergelfrënn feieren hir 30 Joer. Zu dësem Ulass gi flott Concerten organiséiert.

Den FC Olympia feiert seng 80 Joer. E Konveniat mat engem Gala Match si geplangt. Dëst Joer gi gutt Resultater vun eisem Fussballclub bei der 1. an der 2. Ekipp erreecht.

Am Mee huet déi traureg Noriicht eis erreecht: De Paul Mehlen ass vun eis gaangen. Als laangjärege President vun der Musek, Sänger am Männerchouer, laangjärege Fussballsspiller, engagéierte Member vun den Aeromodelisten, huet de Paul vill fir eis Gemeng geleescht. Hie war e gesellege Mënsch a gären ënnert de Leit. Et ginn net vill Manifestatioune wou de Paul net derbäi war. Paul, mir wäerten dech vermëssen. Mir drécken denger Famill eist häerzlechst Bäileed aus.

E grousse MERCI geet un all eis Mataarbechter. D'Ufuerderungen un eis Servicer ginn ëmmer méi héich a leider gesäit net jidderee wéi eng wäertvoll Aarbecht all Dag geleescht gëtt.

Esou kuerz virun der Summervakanz geet en décke MERCI un eist Léierpersonal an un d'Personal vun de Betreiungsstrukturen, awer och un all d'Veräiner, un d'Membere vun de Kommissiounen an u jiddereen deen duerch säi Bäitrag eppes zum gudden Zesummeliewen an eiser Gemeng leescht.

Mir wënschen iech vill Freed beim Liese vum zweete Fuuss fir 2026!

*Äre Schäfferot*

**D'Adress vun der Gemeng:**
**7, Fielserstrooss,**
**L-7640 Chrëschtnech**

Foto: Olivier Glod



# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2026/1

**Sëtzung vum Mëttwoch, 11.02.2026**

Et waren do :

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime,
// GOEDERT Jeannot, Conseiller.

De Conseiller Bender Maxime huet dem Schäffe TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung :**

| | |
|---|---|
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2026-01-01 | Presentatioun vum KlimaPakt Bilan 2.0 fir d'Joer 2024/2025; |
| 2026-01-02 | Aféierung vun enger Taxe de Séjour; |
| 2026-01-03 | Aféierung vun enger spezifescher Tax fir eidelstoend Wunnengen; |
| 2026-01-04 | Erweiderungsprojet vum CIPA „Centre Grande-Duchesse Charlotte" zu Jonglënster – Reservatioun vun Zëmmeren; |
| 2026-01-05 | Approbatioun vun zwou Konventiounen; |
| 2026-01-06 | Approbatioun vun engem Compromis; |
| 2026-01-07 | Avis iwwert d'Absicht d'Gebai mat Weekräiz, 1 Gaessel zu Chrëschtnech, als nationaalt kulturellt Ierwen ze klasséieren; |
| 2026-01-08 | Ännerung vum Text an engem Artikel vum Taxereglement vum 22.07.2025 betreffend d'Tariffer fir d'Offallentsuergung an der Gemeng Waldbëlleg; |
| 2026-01-09 | Entscheedung iwwer d'Ausüben oder d'Faleloosse vum Virkafsrecht betreffend enger Parzell zu Haler; |
| 2026-01-10 | Entscheedung iwwer d'Presentatioun vun enger Kandidatur fir an d'Ekipp vum Klimapakt; |
| 2026-01-11 | Demissioun vun engem Member aus der Kultur- an Tourissemskommissioun; |
| 2026-01-12 | Subsid Ufroen; |
| 2026-01-13 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum geännerte Gesetz vum 13. Dezember 1988, huet

de Conseiller Maxime Bender d'Madamm Buerger-meeschter schrëftlech gefrot fir follgende Punkt op d'Dagesuerdnung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2026-01-14 | Aféiere vun engem kommunale Subsidesystem fir Lompen- an Hygiènesartikelen; |

De Schäffe Romain Tobes huet d'Madamm Buerger-meeschter schrëftlech gefrot fir follgende Punkt op den Ordre du Jour ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2026-01-15 | Prinzippien-accord iwwert de Vergréisserungsprojet vum Recylingscenter zu Jonglënster; |

**De Gemengerot :**

**1.** De Klima Beroder vun der Gemeng, presentéiert dem Gemengerot de Bilan 2024/2025 vun den Objektiver, déi d'Gemeng sech am Kader vum Klimapakt 2.0 ginn huet:

- d'Resultat vum KlimaPakt Audit ass 66,7 %;

- d'Objektiver gi bis 2030, a betreffe ënner anerem d'erneierbar Energië fir d'Hëtze vu Gemengegebaier, d'Gemengeflott, d'elektresch Autoen, de Waasserverbrauch, d'Installatioun vu Fotovoltaikanlagen, d'Klimaneutralitéit vun de Gemengen am Zesummenhang mat den direkten an indirekten Aflosskreeser;

**2.** entscheet eestëmmeg een Taxereglement anzeféiere betreffend enger Taxe de séjour, de Betrag vun der Tax gëtt op 1,50 € pro Persoun a pro Iwwernuechtung festgeluecht an eng Tax vun 365 € pro Plaz a pro Joer fir fix Camper;

**3.** entscheet eestëmmeg, d'Aféiere vun enger Tax an Héicht vu 600,00 € pro Joer a pro Wunneng op säit 3 Joer net bewunnte Wunnengen;

**4.** entscheet eestëmmeg een Zëmmer am Kader vum Vergréisserungsprojet vum CIPA Jonglënster ze reservéieren;

**5.**

a) entscheet eestëmmeg d'ënnerschriwwe Konventioun vum 21. November 2025 ze bestätegen, tëscht der Gemeng Jonglënster an de Gemenge Waldbëlleg, Beefort, Bech, Bäertref, Betzder a Konsdref, betreffend d'Bereetstelle vun engem kommerzielle Lokal a sechs Parkplazen am Gebai Fagus op der Adress 14, rue de la Gare zu Jonglënster am Hibléck op d'Installatioun an d'Exploitatioun vum Club Aktiv Plus;

b) entscheet eestëmmeg d'Konventioun ze bestätegen, déi d'Gestioun vun den ofgesécherte Vélosparkplazen „Bike Box" reegelt, op der Duerfplaz zu Chrëschtnech;

**6.** dréckt sech eestëmmeg aus fir de Verkafsvertrag vun engem Terrain zu Haler, Sektioun A vun Haler, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg ënnert der Nummer 337/2427, mat enger Gréisst vu 5 Zentiar;

**7.** entscheet eestëmmeg e favorabelen Avis ze gi fir d'Gebai ënner Denkmalschutz ze klasséieren geleeën op der Adress 1, Gaessel ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg, sectioun C vu Chrëschtnech, ënnert der Nummer 26/4501 dat a Gemengebesëtz ass;

**8.** entscheet eestëmmeg de Punkt d) vum 1. Artikel am Taxereglement betreffend d'Offallgesetz an der Gemeng Waldbëlleg vum 22. Juli 2025 ze änneren: „D'Wiessele vun der Poubellesgréisst ass eemol d'Joer gratis. Den Tarif fir all weidere Wiessel gëtt op 50 € festgehalen";

**9.** entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir eng Parzell an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert auf der Haenericht, ageschriwwen am Kadaster ënnert der Nummer 386/1963, mat enger Fläch vun 11 Ar 18 Zentiar;

**10.** entscheet eestëmmeg den Här Luc Friederich vu Chrëschtnech als Member vum Klimateam fir d'Period vun 2023-2029 ze ernennen;

**11.** acceptéiert eestëmmeg dem Här Romain Wies seng Demissioun aus der Kultur- an Tourissemskommissioun;

**12.** entscheet eestëmmeg, follgende Vereenegungen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Aide aux enfants handicapés et défavorisés de Luxembourg;
- Unicef – fir all Kand;
- Centre d'Information et de Documentation Femmes et Genre;
- Handicap International:
- Union Grand-Duc Adolphe - Ecole de Musique;
- MEMOSHOAH Luxembourg;
- Médecins sans frontières;
- Lux Rollers asbl;
- Association pour le Spina Bifida Luxembourg;
- La Canne Blanche asbl;
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung.

**13.** Verschiddenes

**14.** refuséiert, mat siwe Stëmme géint zwou Stëmmen (d'Conseillere Bender a Michels), d'Propositioun vum Conseiller Bender fir d'Ëmsetze vun engem Gemengesubventiounssystem fir Lompen- an Hygiènesartikelen anzeféieren;

**15.** gëtt eestëmmeg säin Accord fir den Erweiderungsprojet vum Recylingscenter zu Jonglënster.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2026/2

**Sëtzung vum Mëttwoch 25.03.2026**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Absent/Excusé : /.

**Dagesuerdnung:**

| | |
|---|---|
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2026-02-01 | Approbatioun vum interkommunalem Kooperatiounsofkommes fir d'Grënnung vun engem Proximitéitsservice, fir d'Mobiliséierung vu Gemengenagenten; |
| 2026-02-02 | Projet betreffend d'Erneiere vum Feldwee um Uert „Grosser Seiter" zu Haler op enger Längt vun 210 Meter; |
| 2026-02-03 | Approbatioun vun engem Tauschkompromëss; |
| 2026-02-04 | Approbatioun vun engem Verkafskompromëss; |
| 2026-02-05 | Entscheedung fir op ee Prêt zeréckzegräifen fir d'Realiséiere vu verschiddenen ausseruerdentlechen Aarbechten; |
| 2026-02-06 | Titres de Recette vum Joer 2025; |
| 2026-02-07 | Budgetsännerungen; |
| 2026-02-08 | Accord vun enger Konzessioun um Kierfecht zu Haler; |
| 2026-02-09 | Entscheedung iwwer d'Ausübe oder d'Faleloosse vum Virkafsrecht betreffend Parzellen zu Haler; |
| 2026-02-10 | Ufro fir ee Morcellement vun enger Parzell zu Waldbëlleg; |
| 2026-02-11 | Approbatioun vun de Statute vun der Chorale Ste Cécile Beefort Haler Waldbëlleg a.s.b.l.; |
| 2026-02-12 | Ufro fir en aussergewéinleche Subsid; |
| 2026-02-13 | Subsid Ufroen; |
| 2026-02-14 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum geännerte Gesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Maxime Bender d'Madamm Buergermeeschter schrëftlech gefrot fir follgende Punkt op d'Dagesuerdnung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2026-02-15 | Reparatur an Neigestaltung vun den Trottoiren an der Michel Rodange Strooss an am Kalkewee. |

**De Gemengerot:**

1. beschléisst eestëmmeg d'Ënnerschreiwe vum interkommunale Kooperatiounsofkommes vum 10. Mäerz 2026 tëscht de Gemenge Beefort, Baërdref a Waldbëlleg fir d'Grënnung vun engem Proximitéitsservice, fir d'Mobiliséierung vu Gemengenagenten;

2. gëtt eestëmmeg säin Accord fir d'Offer an Héicht vun 137.000,00 € (TVA abegraff) betreffend d'Verstäerke vum Ënnerbau an d'Ubrénge vu waarmem Makadamm um Feldwee um Uert „Grosser Seitert" zu Haler, op enger Längt vun 210 m;

3. entscheet eestëmmeg fir de Kompromëss iwwer en Terrainstosch fir d'Parzell 1301/0, Sektioun C vu Chrëschtnech, um Uert „Im Pelzer", mat enger Fläch vu 45 Ar 30 Zentiar géint d'Parzellen 1755/3521 an 1754/0, Sektioun C vu Chrëschtnech, um Uert „Hunsrueck", mat enger Fläch vu 37 Ar a 35 Zentiar;

   Dësen Tosch begräift och d'Bezuele vun enger Ausgläischszomm vun 3.617,25 € fir d'Differenz vun de 7 Ar a 95 Zentiar an;

4. gëtt eestëmmeg säin Accord betreffend de Kaf vum Studio Nr 27 mat Kelleren am Hotel „Réserve du Mullerthal" am Mëllerdall;

5. entscheet eestëmmeg ee Prêt opzehuelen an Héicht vun 2.000.000,00 € bei enger Bank iwwer eng Dauer vun 20 Joer;

6. approuvéiert d'Titres de Recette vum Budgetsjoer 2025;

7. entscheet eestëmmeg:

   a) d'Erhéije vun de Kreditter ageschriwwen ënnert dem Artikel 4/510/222100/2403 (Ëmsetzung vum

Chipsystem fir d'Dreckskëschten) vun 12.000,00 € op 14.500,00 €;

d'Erhéije vun de Kreditter ageschriwwen ënnert dem Artikel 4/550/221313/21013 (Reamenagement vun enger Bréck am Kalkewee) vun 10.000,00 € op 20.000,00 €;

b) entscheet eestëmmeg d'Ännerungen am ordinäre Budget ze approuvéieren, als zousätzlech Ausgab an Héicht vu 85.960,00 €;

**8.** entscheet eestëmmeg d'Konzessioun ze gi vun engem Columbarium zu Haler fir eng Dauer vun 30 Joer;

**9.** entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maachen op zwou Parzellen an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert „in den Horgarten", ageschriwwen am Kadaster ënnert den Nummeren 959/2443, mat enger Fläch vu 16 Ar 98 Zentiar an 959/2444, mat enger Fläch vun 2 Ar 92 Zentiar;

**10.** bewëllegt eestëmmeg de Morcellement vum Terrain, ageschriwwen am Kadaster ënnert der Nummer 337/4142, Sektioun B vu Waldbëlleg, an der Halerstrooss an 2 Parzellen;

**11.** hëlt Kenntnis vun de Statute vun der Chorale Ste Cécile Beefort Haler Waldbëlleg a.s.b.l., mat Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg;

**12.** entscheet mat aacht Stëmmen an enger Enthalung (de Schäffen Tobes) den aussergewéinleche Subsid an Héicht vu 5.000,00 € ze accordéieren, am Kader vun der Organisatioun vun de Festivitéite vum 80. Anniversaire vum F.C. Olympia Chrëschtnech/ Waldbëlleg;

**13.** accordéiert eestëmmeg de follgenden Vereenegungen e Subsid vu 75 €:

- Care Luxembourg;
- FLTT - Fédération Luxembourgeoise de Tennis de Table;
- Les amis du Tibet Luxembourg;
- SOS Villages d'enfants du monde;
- SOS Détresse;
- FËBLUX – Fir Ëffentlech Bibliotheiken, Lëtzebuerg;
- Fondatioun Kriibskrank Kanner;
- ONGD Guiden a Scouten;
- UGDA – Union Grand-Duc Adolphe;
- Bissen goes Télévie;

entscheet mat aacht Stëmme géint eng Stëmm (de Conseiller Michels) de Subsid net ze bewëllege fir d'UGDA – Union Grand-Duc Adolphe;

entscheet eestëmmeg de Subsid an Héicht vu 500,00 € fir Bissen goes Télévie ze accordéieren;

**14.** Verschiddenes;

**15.** entscheet eestëmmeg d'Aarbechte mat Ponts et Chaussées ze koordinéieren an d'Reparaturen esou wéi d'Reamenagéiere vun den Trottoire vun der Michel Rodange Strooss a vum Kalkewee bis bei de Kierfecht.



Foto: Damaris

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2026/1

**Séance du mercredi 11.02.2026**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absents/Excusés :

// BENDER Maxime,
// GOEDERT Jeannot, conseillers.

Le conseiller BENDER Maxime donne procuration à l'échevin TOBES Romain pour voter en son nom.

**ORDRE DU JOUR**

| | |
|---|---|
| | **Séance publique** |
| 2026-01-01 | Présentation du bilan 2024/2025 du pacte climat 2.0. ; |
| 2026-01-02 | Introduction d'une taxe de séjour ; |
| 2026-01-03 | Introduction d'une taxe spécifique pour les habitations non-occupées ; |
| 2026-01-04 | Projet d'extension du CIPA « Centre Grande-Duchesse Charlotte » à Junglinster – réservation de chambres ; |
| 2026-01-05 | Approbation de deux conventions ; |
| 2026-01-06 | Approbation d'un compromis de vente ; |
| 2026-01-07 | Avis sur l'intention de classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble avec croix de chemin sis 1, Gaessel à Christnach ; |
| 2026-01-08 | Amendement du texte d'un article du règlement-taxe du 22.07.2025 des tarifs relatifs à l'enlèvement des ordures dans la Commune de Waldbillig ; |
| 2026-01-09 | Décision sur l'exercice ou la renonciation du droit de préemption concernant une parcelle sise à Haller ; |
| 2026-01-10 | Décision sur la présentation d'une candidature pour l'équipe du pacte climat ; |
| 2026-01-11 | Démission d'un membre de la commission de la culture et du tourisme ; |
| 2026-01-12 | Demande de subsides ; |
| 2026-01-13 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988,

le conseiller Maxime Bender a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2026-01-14 | Instaurer un système de subventions communales pour les couches et articles d'hygiène ; |

L'échevin Romain Tobes a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2026-01-15 | Accord de principe concernant le projet d'extension du centre de recyclage de Junglinster; |

**Le Conseil communal :**

**1.** Le conseiller climat de la commune présente le bilan 2024/2025 des objectifs que la commune s'est donnée dans le cadre du pacte climat 2.0 en rapportant notamment que,

- le résultat de l'audit du pacte climat est de 66,7% ;

- les objectifs allant jusqu'en 2030, concernent entre autres l'énergie renouvelable chaleur des

bâtiments communaux, la flotte communale, les voitures électriques, la consommation en eau, les installations photovoltaïques, la neutralité climatique des communes en rapport avec les sphères d'influence directe et indirecte ;

**2.** décide unanimement d'appliquer le règlement-taxe portant introduction d'une taxe de séjour, de 1,50€ par personne et par nuitée et une taxe de 365€ par emplacement et par an applicable aux campeurs permanents ;

**3.** décide à l'unanimité d'introduire à partir du 1er mai 2026 une taxe à hauteur de 600,00 € par an et logement, sur les logements non-occupés depuis 3 années consécutives ;

**4.** décide unanimement de confirmer sa décision de réserver une chambre dans le cadre du projet d'extension du CIPA de Junglinster ;

**5.**

a) décide à l'unanimité des voix d'approuver la convention signée le 21 novembre 2025 entre la commune de Junglinster et les communes de Waldbillig, Beaufort, Bech, Berdorf, Betzdorf et Consdorf, concernant la mise à disposition d'un local commercial et de six emplacements sis au bâtiment Fagus à l'adresse 14, rue de la Gare à Junglinster en vue de l'installation et de l'exploitation du Club Aktiv Plus ;

b) décide à l'unanimité des voix d'approuver la convention réglant la gestion des installations de stationnement sécurisé pour vélos « Bike Box », notamment l'installation sise à Duerfplaz, Christnach ;

**6.** marque à l'unanimité son accord au compromis de vente d'un emplacement, sis à Haller, section A de Haller, inscrit au cadastre de la commune de Waldbillig sous le numéro 337/2427, avec une contenance de 5 centiares ;

**7.** décide avec toutes les voix d'émettre un avis favorable pour le classement comme patrimoine culturel national l'immeuble avec croix de chemin sis 1, Gaessel, inscrit au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous le numéro 26/4501, appartenant à la Commune de Waldbillig ;

**8.** décide à l'unanimité des voix de reformuler le point d) du 1er article du règlement-taxe des tarifs relatifs à l'enlèvement des ordures dans la commune de Waldbillig du 22 juillet 2025 de la manière suivante : « L'échange de la taille de la poubelle est gratuit une fois par année. Le tarif pour chaque changement de taille supplémentaire est fixé à 50€ » ;

**9.** décide avec toutes les voix de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « auf der Haenericht », inscrite au cadastre sous le numéro 386/1963, d'une contenance de 11 ares 18 centiares ;

**10.** décide à l'unanimité des voix de nommer Monsieur Luc Friedrich de Christnach en tant que membre de l'équipe climat pour la période de 2023-2029 ;

**11.** décide à l'unanimité des voix d'accepter la démission de Monsieur Wies Romain de la commission de la culture et du tourisme ;

**12.** se prononce unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00€ aux associations susnommées ,

- Aide aux enfants handicapés et défavorisés de Luxembourg ;
- Unicef – fir all Kand ;
- Centre d'Information et de Documentation Femmes et Genre ;
- Handicap International :
- Union Grand-Duc Adolphe - Ecole de Musique ;
- MEMOSHOAH Luxembourg ;
- Médecins sans frontières ;
- Lux Rollers asbl ;
- Association pour le Spina Bifida Luxembourg ;
- La Canne Blanche asbl;
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung ;

**13.** Divers ;

**14.** refuse avec sept voix contre deux voix (les conseillers Bender et Michels), d'adopter la proposition du conseiller Bender pour la mise en place d'un système de subventions communales pour les couches et articles d'hygiène ;

**15.** donne son accord de principe à l'unanimité des voix au projet d'extension du centre de recyclage de Junglinster.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2026/2

**Séance du mercredi 25.03.2026**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé : /.

**ORDRE DU JOUR**

| | |
|---|---|
| | **Séance publique** |
| 2026-02-01 | Approbation de la convention de coopération intercommunale en vue de la mise en place d'un service de proximité et de l'ordre mobilisant des agents municipaux ; |
| 2026-02-02 | Projet relatif à la mise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Grosser Seitert » à Haller sur une longueur de 210 mètres ; |
| 2026-02-03 | Approbation d'un compromis d'échange de parcelles ; |
| 2026-02-04 | Approbation d'un compromis de vente ; |
| 2026-02-05 | Décision de recourir à un prêt bancaire pour la réalisation de différents travaux extraordinaires ; |
| 2026-02-06 | Titres de recette de l'année budgétaire 2025 ; |
| 2026-02-07 | Modifications budgétaires ; |
| 2026-02-08 | Octroi d'une concession au cimetière de Haller ; |
| 2026-02-09 | Décision sur l'exercice ou la renonciation du droit de préemption concernant des parcelles sises à Haller ; |
| 2026-02-10 | Demande de morcellement d'un terrain sis à Waldbillig ; |
| 2026-02-11 | Approbation des statuts de la Chorale Ste Cécile Beefort-Haler-Waldbëlleg a.s.b.l. ; |
| 2026-02-12 | Demande de subside extraordinaire ; |
| 2026-02-13 | Demandes de subside ; |
| 2026-02-14 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Maxime Bender a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2026-02-15 | Réparation et réaménagement des trottoirs de la rue Michel Rodange et du Kalkewee. |

**Le conseil communal :**

1. décide à l'unanimité des voix d'approuver la convention de coopération intercommunale conclue le 10 mars 2026 entre les communes de Beaufort, Berdorf et Waldbillig, en vue de la mise en place d'un service de proximité et de l'ordre mobilisant des agents municipaux ;

2. marque son accord à l'unanimité des voix au devis pour un montant total de 137.000,00€ (TVA comprise) concernant le projet relatif au renforcement du coffre et mise en œuvre d'enrobés denses à chaud sur un chemin rural au lieu-dit « Grosser Seitert » à Haller, sur une longueur de 210m ;

3. marque son accord à l'unanimité des voix au compromis d'échange de la parcelle no 1301/0, section C de Christnach, lieu-dit « Im Pelzer », d'une contenance de 45 ares 30 ca contre les parcelles nos 1755/3521 et 1754/0, section C de Christnach, lieu-dit « Hunsrueck », d'une contenance de 37 ares et 35 ca ;

   Cet échange se fait moyennant le paiement d'une soulte de 3.617,25€ pour la différence des 7 ares 95 ca ;

4. marque son accord à l'unanimité des voix, concernant l'achat du Studio no 27 avec caves sis dans l'hôtel « Réserve du Mullerthal » à Mullerthal ;

5. décide à l'unanimité des voix, de contracter un emprunt de 2.000.000,00 euros auprès d'un institut bancaire sur une durée de 20 ans ;

6. approuve les titres de recette de l'année budgétaire 2025 ;

**7.** décide unanimement

a)

d'augmenter les crédits inscrits sous l'article 4/510/222100/24023 (Mise en oeuvre du système chip des Poubelles) de 12.000,00€ pour les porter à 14.500,00€ ;

d'augmenter les crédits inscrits sous l'article 4/550/221313/21013 (Réaménagement d'un pont dans la rue Kalkewee) de 10.000,00€ pour les porter à 20.000,00€ ;

b)

décide unanimement d'approuver les modifications budgétaires ordinaires proposées au montant d'une dépense supplémentaire de 85.960,00€ ;

**8.** décide à l'unanimité des voix d'accorder la concession d'un compartiment au columbarium de Haller pour une durée de 30 ans ;

**9.** décide à l'unanimité des voix de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant deux parcelles sises dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « in den Horgarten », inscrites au cadastre sous le numéro 959/2443 d'une contenance de 16 ares 98 ca et numéro 959/2444 d'une contenance de 2 ares 92 ca ;

**10.** décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 337/4142, section B de Waldbillig, sis dans la rue de Haller, en deux parcelles ;

**11.** prend connaissance des statuts de l'association sans but lucratif « Chorale Ste Cecile Beefort-Haler-Waldbëlleg » ayant son siège dans la commune de Waldbillig ;

**12.** décide d'accorder avec huit voix et une abstention (l'échevin Tobes) un subside extraordinaire au montant de 5.000,00€, dans le cadre de l'organisation des festivités du 80e anniversaire du F.C. Olympia Christnach/Waldbillig ;

**13.** Demande de subsides :

se prononce unanimement en faveur d'un subside au montant de 75,00€ aux associations susnommées,

- Care Luxembourg ;
- FLTT - Fédération Luxembourgeoise de Tennis de Table ;
- Les amis du Tibet Luxembourg ;
- SOS Villages d'enfants du monde :
- SOS Détresse ;
- FËBLUX – Fir Ëffentlech Bibliotheiken, Lëtzebuerg ;
- Fondatioun Kriibskrank Kanner ;
- ONGD Guiden a Scouten ;
- UGDA – Union Grand-Duc Adolphe
- Bissen goes Télévie

décide avec huit voix contre une voix (le conseiller Michels), de refuser d'accorder un subside à l'UGDA – Union Grand-Duc Adolphe ;

décide à l'unanimité des voix, d'accorder un subside au montant de 500,00€ à Bissen goes Télévie du budget de 2026 ;

**14.** Divers ;

**15.** décide unanimement de coordonner avec les travaux de l'administration des ponts et chaussées la réparation et le réaménagement des trottoirs de la rue Michel Rodange et du Kalkewee jusqu'au cimetière.

# MIR GRATULÉIEREN!



D'Madamm **Hedwig Feltgen-Schomers** vu Chrëschtnech huet hire 90. Gebuertsdag gefeiert. Si gouf den 2. Mee 1936 zu Béibreg (Bitburg) gebuer. De Schäfferot war de 6. Mee bei d'Madamm Schomers, fir hir ze gratuléieren.



D'Kelly **Rodrigues Cardoso** an de Pit **Spautz** vu Chrëschtnech sinn den 20. Mee gepacst ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| **Krack** Rosalie Pauline | 17.03.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Wilgé** Max | 09.04.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Costa Peixoto** Aura | 14.04.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Cantos Orgaz** Amelia | 02.05.2026 | *Waldbëlleg* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| **Janitzki** Therèse Bernadette | 04.03.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Klomp** Marcelle Annette | 06.03.2026 | *Haler* |
| **Alf** Raymond Nicolas | 28.03.2026 | *Haler* |
| **Mamer** Juliette Marie | 16.04.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Mehlen** Paul Pierre | 08.05.2026 | *Chrëschtnech* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| **Spautz** Pit & **Rodrigues Cardoso** Kelly | 20.05.2026 | *Chrëschtnech* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| **Cardoso Lopes** Daniel & **Dias Tavares** Elodie | 07.05.2026 | *Chrëschtnech* |

# INTERVIEW MAT DER KIM RUPPERT



**Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?**

D'Madamm Martine Dimmer huet mech am Dezember 2016 drop opmierksam gemaach, datt eng Plaz op der Gemeng Waldbëlleg am Service vun der Populatioun ausgeschriwwe wier. Doropshin hunn ech meng Kandidatur fir dee Poste gestallt.

**Wéi laang maacht Dir deen Job schonns?**

Ech sinn am Januar 2017 fir de fräie Posten am Service vun der Populatioun agestallt ginn, 2019 hunn ech dunn den État civil an den Indigénat mat iwwerholl a wéi den Här Pit Beckené 2024 an d'Pensioun gaangen ass, hunn ech seng Relève als Receveur geholl.

**Wat sinn déi gutt Säiten dovun?**

Déi gutt Säiten un deene verschiddene Posten, déi ech bis elo hat, ass d'Diversitéit. Ech hat bis elo Abléck a quasi all Service vun enger Gemeng, wat mir erlaabt huet vill Erfarung ze sammelen. Esouwuel am Ëmgang an am Kontakt mat de Leit – a schéine wéi och a manner schéine Momenter – wéi och an dat ganzt Fonctionnement vun enger Gemeng.

**Wat sinn d'Erausfuerderungen?**

Am Hibléck op de Service vun der Recette ass et fir mech eng Erausfuerderung d'Gläichgewiicht ze halen zwëschent dem Matgefill wat ech géigeniwwer perséinleche Schicksaler hunn, deenen ee begéint, wann e Bierger seng Rechnungen net ka bezuelen, an op där anerer Säit meng Aarbecht sachlech ze maachen.

**Wou hutt Dir virdru geschafft?**

Ech hu bei der Stad Lëtzebuerg am Service vum General-sekretariat ugefaangen an hunn duerno zu Konsdref op der Gemeng an der Administratioun geschafft.

**Wat géift Dir iech fir d'Zukunft an ärem Beruff wënschen?**

Meng Wënsch fir d'Zukunft hunn net direkt mam Beruff u sech ze dinn. An éischter Ligne wënschen ech mir gesond ze bleiwen, fir de Beruff weiderhin ausüben ze kënnen. Mir ass awer och eng gutt Entente tëschent den Aarbechtskolleegen an eise Politiker wichteg, fir datt ee weiderhi gäre schaffe kënnt a sech wuel op der Aarbecht spiert.

**Fannt Dir, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?**

Ech wunnen zwar net hei, mee duerch meng direkt Lienen zu der Gemeng Waldbëlleg hunn ech den Androck, datt et sech hei gutt liewe léisst. Et feelt engem un näischt. Waldbëlleg läit relativ zentral. D'Awunner hunn déi wonnerschéin Natur direkt virun der Dier a sinn awer och séier an deenen nächste méi groussen Uertschaften, fir hir Kommissiounen ze maachen. Ausserdeem ginn et, am Verglach zu verschiddenen anere Gemengen, nach vill erhalenswäert Haiser an al Häff, déi mat vill Goût renovéiert goufen, wat mir perséinlech immens gutt gefält an engem Duerf e gewëssene Charme gëtt.

**Wou wunnt Dir elo?**

Ech wunnen an der Ärenzdallgemeng.

**Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heemkommt?**

A menger Fräizäit verbréngen ech vill Zäit mat mengen Hausdéieren, hale mech gären an der Natur op a si kreativ.

# FRÉIJOERSIESSEN

Den 20. Mäerz war der Gemeng hiert traditionellt Fréijoersiessen zu Bech beim Steinmetz. Bei guddem Iessen a gudder Laun hunn all d'Mataarbechter vun der Gemeng e flotten Owend zesumme verbruecht.

*Text: Martine Dimmer*
*Fotoen: Martine Dimmer, Joëlle Duschang*



























## SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## SCHOUL



# Ausstellung iwwert den Hervé Tullet am Precoce zu Haler









No der Fuesvakanz ass am Precoce iwwert de Kannerbuchauteur a Kënschtler Hervé Tullet, deen 1958 a Frankräich gebuer gouf, geschwat ginn. Mat Hëllef vu senge villen interaktive Bicher kruten d'Kanner en einfachen an direkten Zougang zu sengem Schaffen a goufen dozou motivéiert, selwer kreativ ze ginn an änlech Konschtwierker ze gestalten.

Och duerch Videoen, déi een op de soziale Medien iwwert den Tullet fënnt, goufen d'Kanner inspiréiert, eppes auszeprobéieren – zum Beispill op Musek ze molen, mat zouenen Aen ze zeechnen, ze krozelen, ze rappen, ze iwwermolen oder ze pechen.

Zum Ofschloss vum Theema hunn d'Kanner hir Elteren invitéiert. Si waren immens houfreg, hir Wierker ze presentéieren an ze kommentéieren.




Wärend der Ausstellung konnten d'Elteren och selwer kreativ an aktiv ginn. Op enger grousser Molfläch um Buedem, hu si zesumme mat de Kanner gemoolt, an och mat engem Bee-Bot experimentéiert, fir gemeinsam kléng Konschtwierker entstoen ze loossen. (E Bee-bot ass e klenge Roboter a Form vun enger Bei, mat deem ee ka léieren, einfach Beweegungen ze programméieren.)

D'Eltere ware begeeschtert vun de faarwege Konschtwierker a frou, de Kanner hir Kreatioune mat heem ze huelen, fir se do opzehänken.

*D'Enseignantë vum Cycle 1*






## Konschtausstellung an der Spillschoul

A la manière de... Joan Miró, Friedensreich Hundertwasser, Piet Mondrian a Georgia O'Keeffe

Am 2. Trimester sinn d'Kanner aus deenen dräi Spillschoulsklassen zu klenge Kënschtler ginn an hu virun der Ouschtervakanz eng flott Ausstellung fir hir Elteren op d'Bee gestallt.

Am Virfeld hunn d'Kanner vill gemoolt a gebastelt a sech intensiv mam Liewen an de Wierker vun de Kënschtler beschäftegt. Mat vill Äifer a Kreativitéit sinn esou eng Rei flott Konschtwierker entstanen.

Bei der Ausstellung selwer, hunn d'Schülerinnen an d'Schüler mat grousser Freed a Stolz hir Aarbechten den Eltere virgestallt an hinnen erkläert, wat si geléiert hunn. Et war e gelongene Projet, dee bei Grouss a Kleng gutt ukomm ass.

*D'Enseignantë vum Cycle 1*





## Eng nei Spillplaz!

D'Entsetzen am Hierscht war grouss: d'Kanner hunn am Precoce zu der Fënster erausgekuckt an do waren dach net d'Gemengenaarbechter amgaangen hir Spillplaz ofzerappen!

Dat kann dach net sinn! Et ass sech nawell gutt opgereegt ginn.

Knapps hunn awer dunn déi éischt Sonnestralen am Fréijoer geblénkt, waren d'Gemengenaarbechter erëm um Dill. Nei Pied goufen opgefëllt, Hecke geschnidden, eng Basis gebaut, 2 nei Spilltierm opgeriicht, gekärchert, en neit Gelänner fixéiert, de Sandbac an d'Hochbeeter opgefëllt....wow! D'Begeeschterung war grouss. An engem Fréijoer a Summer mat ville flotten Erliefnisser dobaussen, steet näischt méi am Wee.

Niewent Spillen a Kloteren, gëtt och am Gaart geschafft, gekraut, geséit a geplanzt. D'Sandkëscht ass och ëmmer gutt besicht an hei kënnen d'Kanner zesummen Tunnellen a Bierger bauen. Op deem schéinen Areal, gëtt et awer och vill ze entdecken: allerhand Krabbeldéieren oder hir Spueren, Planzen a Blummen. Wierklech e klengt Paradis wou d'Kanner d'Natur erliewe kënnen a Plaz hunn, fir fräi a kreativ ze spillen.

E grousse Merci der Gemeng an den Aarbechter déi dat alles esou schéi gestalt hunn.

*D'Enseignantë vum Cycle 1*




# Liesnuecht an der Spillschoul zu Waldbëlleg

En Donneschden, de 15. Januar, hu mir an der Spillschoul zu Waldbëlleg eng flott a gemittlech Liesnuecht organiséiert. Dobäi waren 19 Kanner aus dem 2. Joer, déi sech scho laang op dësen Owend gefreet haten.

Zwëschent 18:30 a 19:00 Auer konnten d'Kanner ukommen. Si sinn direkt an hire Pyjama gesprongen an hu sech gemittlech installéiert. Am Laf vum Owend kruten d'Kanner dräi verschidden Aktivitéiten ugebueden, un deene si all mat vill Freed deelgeholl hunn. Si hu Käerze mat Wues dekoréiert, Schietspiller mam Projecteur gemaach an e kléngt Gehaansfénkelche gebastelt fir an der Nuecht. Tëschenduerch gouf et eng kleng, séiss Schockispaus fir sech ze stäerken.

No dëse flotten Aktivitéite war et Zäit, d'Zänn ze wäschen a schlofen ze goen. Géint 22:00 Auer hu sämtlech 19 Kanner déif a fest an zwee verschiddene Säll geschlof, begleet vun zwou Léierinnen.

E Freideg de Moien hu mir zesumme mat de Kanner aus dem 1. Joer e leckere Buffet opgeriicht an an aller Rou zesumme Kaffi gedronk.

Et war eng gelonge Liesnuecht mat vill Spaass, Kreativitéit a gemittleche Momenter, déi de Kanner sécher nach laang a gudder Erënnerung bleift.



*D'Enseignantë vum Cycle 1*



# Visitt vun der Eppelpress

Mëtt Oktober hunn d'Kanner aus dem Cycle 2 zesumme mat hiren Enseignanten e léierräiche Besuch op Eppeldeuerf an d'Eppelpress gemaach. Do hu si un enger Rei spannenden Aktivitéiten ronderëm d'Theema „Apel" deelgeholl.

Mat viller Begeeschterung hunn d'Kanner selwer eng Hand ugepaakt: si hunn Äppel geraf, gewäsch a schliisslech och gepresst. Gläichzäiteg krute si en Abléck an d'modern Aarbechtsweis vun enger Vizerei, wou Maschinnen déi eenzel Etappen – vum Wäsche bis zum Offëlle vum Jus – iwwerhuelen.

Natierlech ass och de Goût net ze kuerz komm: déi frësch gepresste Jusen an ënnerschiddlech Mëschungen duerften direkt geschmaacht ginn. Als besonnesche Genoss konnten d'Kanner sech och un engem leckeren Apel, um Feier gebak an am Äppeljus geschmorrt, freeën.

Et war e flotte Moie voller neien Impressiounen an interessanten Erfarungen, deen de Kanner sécher nach laang an Erënnerung bleift.

*D'Enseignantë vum Cycle 2*









# Visitt vum Stater Maart



D'Kanner aus dem Cycle 2 hunn och dëst Joer zesumme mat hiren Enseignanten de Stater Maart besicht.

No enger éischter Entdeckungsronn, bei där d'Kanner sech en Iwwerbléck iwwert déi verschidde Stänn an d'Offer u Produite verschafe konnten, ass et richteg lassgaangen: a klenge Gruppen a mat hirem Akafsziedel an der Hand – dee si virdrun doheem zesumme mat hiren Elteren opgestallt haten – hu si sech op de Wee gemaach.



Mat vill Virwëtz a Begeeschterung hunn d'Kanner d'Qualitéit an d'Präisser verglach, mat de Maartleit geschwat, Produite geschmaacht, verhandelt an natierlech och akaf. Dobäi konnte si vill nei Impressioune sammelen a praktesch Erfarunge maachen.

No ronn zwou Stonnen hunn d'Kanner sech, voll gepaakt a ganz zefridden, erëm op de Wee zeréck op Waldbëlleg gemaach. Voller Begeeschterung hu si dono erzielt, wat si alles um Maart erlieft haten.

Ganz bestëmmt steet och am neie Schouljoer erëm eng Visitt vum Maart um Programm.

*D'Enseignantë vum Cycle 2*



# Liichtegoen

Den 2. Februar war et nees esou wäit: zu Krëschtnech huet dat traditionellt Liichte stattfonnt – e flotten Owend, op dee sech vill Kanner scho laang gefreet haten.

An de Woche virdrun haten déi Krëschtnecher Schoulkanner aus dem Cycle 4.2 alles virbereet: si hunn d'Gruppen agedeelt an d'Weeër geplangt, fir datt och wierklech all Eck vum Duerf erreecht gëtt. Den Dag selwer hu sech d'Kanner vun all Alter bei der Kierch versammelt. Ënnert der Leedung vun den Organisatiounskanner – déi Jéngst sécher begleet vun hiren Elteren – ass et du lassgaangen.

A klenge Gruppen si si duerch d'Stroosse gezunn, vun Dier zu Dier, a mat vill Freed an Elan huet et iwwerall geklongen: „Léiwer Herrgottsblieschen". Keng Strooss gouf ausgelooss, keng Dier vergiess. Iwwerall goufen d'Kanner frëndlech empfaangen a si konnten eng ganz Rëtsch Séissegkeeten, Mandarinnen an och Sue sammelen. D'Freed war grouss – an d'Täsch ëmmer méi schwéier.





E grousse Merci geet un all d'Awunner vu Krëschtnech, déi dës Traditioun all Joer esou generéis ënnerstëtzen.

No hirem Tour duerch d'Duerf hu sech all d'Kanner nees bei der Kierch getraff. Do huet eng wuelverdéngte Paus op si gewaart: Gebäck, kleng Bréidercher a waarme Schocki – alles mat vill Engagement vun den Elteren aus dem Cycle 4.2 preparéiert.

Zum Schluss goufen déi gesammelt Knabbereien tëscht all de Kanner opgedeelt – ënnert der Leedung vun den Organisatiounskanner.

Besonnesch houfreg kënnen d'Kanner awer op hir Sammelaktioun sinn: am Ganze sinn 1.100 € zesummekomm, déi si un d'Fondatioun Kriibskrank Kanner gespent hunn.

E gelongenen Owend, deen net nëmme Freed gemaach huet, mee och gewisen huet, wéi staark Zesummenhalt an Engagement an engem Duerf kënne sinn.

*D'Kanner aus dem Cycle 4.2 vu Waldbëlleg*



# Schoul dobaussen

Am Kader vun eisem PDS (Plan de développement de l'établissement scolaire) zum Theema „Léieren dobaussen" hunn d'Kanner aus der Grondschoul Waldbëlleg vill flott a léierräich Momenter an der Natur erlieft.

Am Bësch an am Schoulgaart gouf mat vill Freed gefuerscht, entdeckt a geléiert.

Ob Rechne mat Naturmaterialien, Beem moossen, eng Sonnenauer bauen, Geschichten am Bësch schreiwen, Franséisch spilleresch üben oder kreativ Konschtwierker gestalten – d'Kanner waren ëmmer mat Begeeschterung dobäi.

Zesumme goufe vill spannend Abenteuer erlieft, wéi Rallyen am Bësch, Hütte bauen, Kooperatiounsspiller, schnëtzen oder am Team Brécke konstruéieren.

Och am Schoulgaart hunn d'Kanner mat vill Asaz hir Hochbeeter fir d'Fréijoer virbereet.

Mir freeën eis op nach vill weider léierräich Momenter zesummen an der Natur.

*D'Responsabel vum*
*PDS Michel Rodange Schoul*










































à la








la main
le genou
le bras
la bouche


36 + 35

























29

# MAISON RELAIS

## An der Maison relais war vill lass

Et war Buergbrennen an eng Fuesparty. D'Maison relais huet en Ouschterbrunch organiséiert an den Ouschterhues koum op Besuch. D'Fiissercher hunn Experimenter gemaach an d'Crèchëkanner si méindes a mëttwochs moies an de Bësch gaangen.

D'Cyclen 1+2 waren an d'Coque op e LASEP Ausfluch. Si waren och an der Ouschtervakanz an d'Stad an den Naturmusée.

D'Cyclen 3+4 waren an d'Stad spadséieren an hunn och d'Fënsteren dekoréiert.

*Text a Fotoen: Iolanda Gonçalves*




















Maison Relais
Beim Rénert
Waldbëlleg


D'Eltereverееnegung an d'Schoul Waldbëlleg
SCHOULFEST
11. JULI 2026
JIDDEREEN ASS
WËLLKOMM
AM SCHOULHAFF
VUN 12.00 – 18.00 AUER
• 13.00 Auer Concert Waldbëlleger Musek
• Ballonkënschtler
• Päerdskutsch fir d'ganz Famill
• Virféierung vun de Jugendpompjeeën
• Bullriding fir Grouss a Kleng
• XXL Sandkëscht
• Clownerutsch
• Sprangschlass
• An vill aner Spiller...
Vive Waldbëlleg!
Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.



*Foto: Damaris*

Foto: Waldbëlleger Musek



# WALDBËLLEGER MUSEK

De 16. September 2025 huet d'Waldbëlleger Musek no der Summervakanz nees mat de Prouwen ugefaangen. Mat vill Motivatioun hu Musikanten aus allen Instrumente-regësteren zesummen de Start an déi nei Saison gemaach.



Eng vun eisen éischte Sortië sinn eis Hämmelsmärsch. Dat ass een traditionell-musikalesche Cortège, wou d'Musek duerch d'Stroosse vun der Uertschaft geet an ofwiesselnd zwee Märsch, den „Hämmelsmarsch" an „D'ass Kiermes am Duerf" spillt. Insgesamt hu mir dräi Hämmelsmärsch, zu Haler, zu Chrëstnech/Freckeisen a Waldbëlleg/Méller-dall.

Nieft dëser kultureller Bedeitung huet den Hämmels-marsch awer och eng finanziell Funktioun. De Veräin sammelt dobäi Sue fir d'Veräinskeess, déi fir déi lafend Aktivitéiten an den Ënnerhalt vum Veräin agesat ginn.

*Villmools Merci fir Är generéis Ënnerstëtzung.*



Bei deenen zwee leschten Hämmelsmärsch hu mir endlech eise restauréierte Won dem Public presentéiert. Dësen ass vun e puer vun eise Membere mat vill Léift, Freed a mat engem A fir Detail dekoréiert ginn, mam Logo vun der Musek drop montéiert, esou datt d'Leit eis direkt konnten erkennen.

No kuerzer Zäit huet sech dunn de #Bamchallenge ëmmer méi am Lëtzebuerger Land verbreet, bei där Veräiner sech géigesäiteg nominéiere fir e Bam ze planzen. No dem Prinzip vun engem Kettebréif huet all bedeelegte Veräin d'Aufgab, dräi aner Veräiner ze benennen, déi den Challenge weiderféiere sollen.







Am November si mir du vun der Päreler Musek nominéiert ginn. Et ass ee Bam kaaft ginn, geplanzt ginn, an ee Video gedréint ginn dee bannent 72 Stonnen op de Social-Media-Plattformen huet missen drop sinn.





Den 13. Dezember huet „Jonk an Al" eis invitéiert fir ee Concert op hirer Chrëschtfeier ze spillen. D'Musek huet mat bekannte Lidder musikalesch fir Ënnerhalung gesuergt an esou dozou bäigedroen, déi versammelt Gesellschaft op déi kommend Chrëschtzäit anzestëmmen. Dono ass bei Iessen a Gedrénks an enger gemittlecher Atmosphär nach sou munch Stonn verbruecht ginn.

Iwwert de Galaconcert gëtt et op enger anerer Plaz hei am FUUSS bericht.

De 27. Februar war d'Greisen Scheier d'Plaz fir all d'Quiz-Frënn. Béi der éischter Editioun vun dësem Event hate mir e grousse Succès: D'Plaze waren a kuerzer Zäit ausverkaaft.

A gudder Gesellschaft an enger gemittlecher Atmosphär gouf d'Wëssen op d'Prouf gestallt. An Teams vu maximum 6 Persounen, hunn d'Gäscht ëm all Punkt gekämpft. Dobäi stoung awer net nëmmen d'Gewannen am Viergrond, mee virun allem de Spaass an d'Gesellegkeet an der eenzegaarteger Atmosphär vun der Scheier.




Felicitatioun un d'Gewënner vum Quizowend:

1. Plaz: Quizabales
2. Plaz: Medernacher Musik 1
3. Plaz: Déi hannen aus dem Bus.

Well d'Nofro sou grouss war, ass déi 2. Editioun vum Quizowend schonn elo fir den 30. Januar 2027 fest ageplangt.







Och dëst Joer gouf den 1. Mee erëm am Zeeche vun enger wichteger Traditioun gefeiert. Wéi all Joer si mir um Virowend an de Bësch gaangen, fir d'Kränz ze bannen. Och dëst Joer si mer nees mat enger gudder Zopp Ierbessebulli vum Elvire a Marco Pinnel verwinnt ginn.

Moies fréi hu mir den 1. Meekranz beim Café Dina opgehaang an do Kaffi a Mëtschen zerwéiert kritt. Duerno ass et weider op de Golf op Chrëstnech gaangen, wou mer op der Terrass bei schéinem Wieder eppes ze drénke kruten.

Weider ass et bei d'Gemeng gaangen, wou mer mat Gedrénks a Geschneeks empfaange goufen. Uschléissend si mir an de Mëllerdall gefuer. D'Heringer Millen huet eis mat Flammkuchen a Gedrénks verwinnt. De leschte Kranz gouf bei eisem President, dem Micha Von Sayn Wittgenstein opgehaang. Do gouf et Spaghetti Bolognese a mir hunn nach e puer gemittlech Stonnen zesumme verbruecht.

E grousse Merci un all déi, déi eis esou häerzlech empfaangen hunn.

D'Waldbëllenger Musek mécht och nees een Opruff an drop opmierksam, datt nei Musikanten ëmmer néideg sinn a gebraucht ginn. Jiddereen, onofhängeg vum Alter oder vun der Erfarung, an deen Interessi un der Musek an um Veräinsliewen huet, ass bei eis häerzlech wëllkomm.

Zum Ofschloss nach feiert d'Waldbëlleger Musek am Joer 2027 säin **125. Anniversaire** – en aussergewéinleche Jubiläum, dee mir zesumme feiere wëllen.

*Tessy Feltgen, Waldbëlleger Musek*

## SAVE THE DATE

Schreift Iech dës Datumer elo schonn an Ären Agenda.

***2026***

**11.07.2026**
Concert um Schoulfest zu Waldbëlleg

**12.07.2026**
Concert zu Clierf

**18.07.2026**
Concert zu Bäerdref

***2027***

**„125 Joer Waldbëlleger Musek"**

**30.01.2027**
Quizowend

**20.03.2027**
Galaconcert

**17.04.2027**
Völkerballtournoi

**22. - 23.05.2027**
Mëllerdall in Concert

**02.10.2027**
Concert vun der Militärmusek

**27.11.2027**
Konveniat Musikanten





# D'Waldbëlleger Musek


## invitéiert DECH op hirem Concert um Schoulfest den 11. Juli 2026 um 13 Auer matzespillen

## Jonk Musikante gesicht!

**Du hues schonn ugefaangen en Instrument ze spillen an hues Loscht op eisem Concert e puer Stécker matzespillen? Vum 12. Juni u wäerte mir all Freideg vun 19:00 - 19:45 Auer zesummen an eisem Proufsall zu Waldbëlleg dofir prouwen.**

WEIDER INFOEN :
WALDBELLEGMUSEK@GMAIL.COM

KOMM
LAANSCHT!
MIR FREEËN EIS
OP DECH







AB SEPTEMBER 2026 MAACHE
MIR EN NEIE JUGENDENSEMBLE



# NEWS VUM TURNVERÄIN ËMMER FIT

**Next Level:**

Ab dem 5. Februar 2026 kënnen eis ageschriwwe Memberen un engem weidere Mixed-Cours deelhuelen – dëst all Donneschdegowend um 18:30 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg.

Gestart hu mir mat enger Spezial-Editioun am Proufsall vun der Musek. Well an der Woch de Galaconcert vun der Musek stattfonnt huet an d'Sportshal donneschdes net disponibel war wéinst der Generalprouf, hu mir eis mat der Musek ofgeschwat an d'Location spontan gewiesselt. Hei nach eemol e grousse Merci un d'Waldbëlleger Musek, datt si dat matgemaach hunn a mir an hirem Proufsall trainéiere konnten.



**Ëmmer Fit Charity:**

Wéi schonn an der leschter Editioun vum Fuuss erwäänt, hate mir am September 2025 eisen ËMMER FIT Charity-Run organiséiert, bei deem mir zesumme sportlech Ronne ronderëm den Iechternacher Séi gedréint hunn. Dat Ganzt stoung am Zeeche vum gudden Zweck.

Den 8. Januar 2026 hu mir op eiser Generalversammlung d'Geleeënheet genotzt, fir eise Scheck un d'Associatioun „ZAK! zesummen aktiv" ze presentéieren. Leider konnten d'Damme vun der Associatioun deen Owend net dobäi sinn.

Dofir hu mir dat e Méindeg, den 13. Abrëll 2026 nogeholl. D'Madamm Flammang Pauly Danièle ass zesumme mat hirem Jong an engem vun hire benevollen Traineren op Waldbëlleg komm, fir de Scheck perséinlech entgéintzehuelen. Grousse Respekt fir dat fräiwëllegt Engagement an déi flott Initiativ an Aarbecht vun der Associatioun ZAK!

Mir vum Turnveräin sinn houfreg, eng Spend vun 1.000,00 € kënne gemaach ze hunn. E grousse Merci nach emol un all déi aktiv Memberen, déi alles ginn hunn, fir eis bei dësem sportlechen a flotte Projet ze ënnerstëtzen.



Wien elo virwëtzeg ginn ass a Loscht huet, bei eis matzemaachen, ka sech gäre bei eis mellen:
emmer.fit@gmail.com

Oder einfach méindes owes emol laanscht schnuppere kommen. Avis aux amateurs.

Bis geschwënn – bleift gesond,
FIT a monter!

*De Comité vum Turnveräin ËMMER FIT*

# D'AEROMODELISTE VU CHRËSTNECH

No laangem Kal a Gro a Naass, ...
Fréijoer, Fréijoer, mat Sonn, wat eng Freed, ... fräi nom Michel Rodange:

*«Et war esou ëm d'Päischten*
*'stung Alles an der Bléi,*
*an d'Villercher di songen*
*hir Lidder spéit a fréi»... ;*
*«an d'AMC Piloten, monter a flénk*
*loossen hir Modeller steigen,*
*wat ass dat sou schéi !»*





E Modell vum Waco Lastenseegler mat 8 electr. Motoren! An dee flitt, an esouguer gutt!







De Catalina e Souvenir vu Pearl Harbour.









E Parapente vu 4 m Spannweit, e gesäit aus wéi déi grouss!



Am Abrëll sinn d'Natur an d'AMC Pilote richteg opgebléit a lassgeflunn!

Geméit, gewalzt ... a lass, et war eng gelleg Freed um Fons Mehlen Aerodrome!

De Parking ass voll, de Paddock schéi garnéiert.



De Schleefer leet lass, de 6 m Seegler follegt gedam!





De Kaffisdësch um 3 Auer ass gutt besicht! Debriefing mat Kuch!



An ass et da Feierowend an e schéinen Dag kléngt aus, da geet et an de Mëllerdall op d'AMC-AG, mat uschléissend engem kollegiale Austausch bei engem gudde Maufel!

De Jodel cruist iwwert de Flouer, de Lak 17a Seegler (6 m Spannweit) lant an de Feierowend!





Wat e schéinen Hobby!



Een Dag virum Europadag, eisem Präsident säi Gebuertsdag, huet de Paul Mehlen säi leschten Envol gemaach, an ass vun eis gaang!

Äddi, Paul, merci fir deng Méi beim AMC. Däin Asaz fir d'Kollegialitéit an d'Freed um Aeromodelisme huet eis vill schéi Stonne bruecht!



Hei präsidéiert de Paul eng leschte Kéier d'Assemblée Générale vum AMC!

Froen zu den Aktivitéiten vum AMC kritt Dir gäre vun den aktive Piloten um AMC-Terrain beäntwert!

*Redaktioun a Biller:*
*Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeyer, Romain Hanten, Paul Mehlen, Push Steffen*

# FC OLYMPIA CHRËSCHTNECH/WALDBËLLEG

Och dëst Joer um Weekend vum 31. Januar op den 1. Februar 2026 hat d'Jugendkommissioun vum FC Olympia Chrëschtnech/Waldbëlleg nees den NOVUS Wanterturnéier zu Waldbëlleg an der Sportshal organiséiert. Hei vertruede waren all eis Jugendekippe vu Bambini bis Scolaires aus dem Veräin. Si hunn nees alles gi fir sech mat den Ekippen aus anere Veräiner ze moossen an haten och dëst Joer nees vill Spaass.



An deem Kader hu si dann och hiert neit Trainingsgezei presentéiert, dat vum Garage BMW Bilia Miersch a Metro gesponsert ginn ass, an dat si eng Woch virdrun an enger Receptioun feierlech iwwerreecht kruten.




E Samsdeg den Owend haten eis Veterane sech dem Tournoi ugeschloss fir géint hir Kolleegen a Frënn aus anere Veräiner ze spillen. Esou koumen dann och nach weider Suen an d'Keess, fir dass mir och dëst Joer nees um Enn vun der Saison e flotten Ausfluch fir d'Kanner an déi Jugendlech organiséiere kënnen. Esou gi si dann nees, fir hiren Asaz an hir gutt Resultater an de Matcher wärend dem Joer, belount.

D'nächst Joer hu mir dann och well erëm en Tournoi geplangt an dat um Weekend vum 30. an 31. Januar 2027.

*WIES Romain*





## CLUB DES JEUNES CHRISTNACH

Eis traditionell Krëstnecher Kiermes hu mir den 8. November 2025 zu Waldbëlleg an der Bushal gefeiert. Zesummen hu mir mat de Leit aus dem Duerf e flotten Owend verbruecht. Bei gudder Kiermesham, Kiermesmusek a Kiermesdrëpp hu mer den Owend gemittlech ausklénge gelooss.

De 5. Dezember ass de Kleeschen och rëm mat senge Gesellen duerch d'Gemeng gezunn an huet ville Kanner e Laachen an d'Gesiicht gezaubert.

Als Ofschloss vum Joer 2025 hu mir den 22. Dezember bei der Adventsfënster matgemaach. Do konnten d'Leit sech bei Glüwäin, Schocki an engem gudde Paangech verwinne loossen.

D'Joer 2026 hu mir mat e puer flotten Aktivitéiten ugefaang.

Zesummen hu mir eise Kavalkadswon zum Theema „Mëller am Dall" gebaut, ier et dann de 15. Februar op Dikrech op d'Kavalkade gaangen ass. Den 1. Mäerz ware



mir zu Esch op der Kavalkade. De 7. Mäerz ware mir bei der Landjugend Klierf op der Nuetskavalkade. D'Fuessaison hu mir de 14. Mäerz zu Waasserbëlleg an de 15. Mäerz zu Péiteng ausklénge gelooss.

E Samsdeg den 21. Februar si mir mam Kavalkadswon duerch d'Duerf ophiewe gaang. Den 22. Februar hate mir dann eist Buergbrennen zu Chrëstnech op dem Hougeriicht.













Och dëst Joer organiséiere mir eise Sonndes-Apero. Follgend Datumer kënnt dir Iech notéieren:

12. Abrëll
12. Juli
18. Oktober
Adventsfënster

Ab 11:00 kënnt dir gemittlech e Patt drénke kommen an e puer flott Stonne mat eis verbréngen.




De 25. Abrëll hate mir déi 22. Editioun vun eisem Knëppelbal zu Waldbëlleg. Eng Ronn 450 Leit hunn de Wee bis op Waldbëlleg fonnt, fir mat eis zesummen ze feieren.

En Deel vum Erléis vun eisem Knëppelbal spende mir un den Télévie.

*Michèle Duschang*



# SANG MAT WALDBËLLEG HALER



Den 29. Januar 2026 huet d'Chorale Ste Cécile vu Beefort, zesumme mat „Sang mat" Waldbëlleg/Haler hir uerdentlech Generalversammlung zu Beefort ofgehalen.

Den Tätegkeetsbericht war gutt gefëllt an et konnt ee mat Zefriddenheet op en aktiivt an erfollegräicht Joer 2025 zeréckkucken.

Am Ganze waren déi zwou Choralle 94 Mol am Asaz (Sonndes- a Feierdagsmassen, Kommiouns-, Hochzäits- souwéi Begriefnesmassen, Oktavmassen an eng Partie aner Aktivitéite ronderëm de Gesank), dovunner mat 49 Prouwen.

Vu datt déi zwou Choralle schonns méi wéi 10 Joer zesummen a gudder Entente sangen, ass decidéiert ginn aus zwee Veräiner een ze maachen.

Aus deem Grond huet uschléissend un der uerdentlecher Generalversammlung, d'Grënnungsversammlung respektiv eng ausseruerdentlech Generalversammlung stattfonnt. Dës wichteg Decisioun ass vu jidder Member begréisst ginn an d'Buergermeeschteren Andrée Henx-Greischer a Jean-Luc Nosbusch aus deenen zwou Gemenge Waldbëlleg a Beefort hunn dës Initiativ begréisst. Si hunn dem „neie" Veräi felicitéiert a weiderhi vill Succès a Freed um Sange gewënscht.

Den neien Numm vun der „aler-neier" Chorale ass elo offiziell: Chorale Ste Cécile Beefort-Haler-Waldbëlleg A.S.B.L.

Dorop ass ugestouss ginn an den Owend ass mat engem gudde Patt an engem klenge Maufel bei gemittlechem Zesummesinn ofgeschloss ginn.

De Comité vun der Chorale Ste Cécile Beefort, Haler, Waldbëlleg asbl setzt sech esou zesummen:

Danielle Baden-Lobitz, Präsidentin
Eliane Donven-Seywert, Sekretärin
Louis Boonen, Trésorier
Diana Antony, Member
Jean Schiltz, Member
Nicole Thielen- Seywert, Member

*Eliane Seiwert*
*Chorale Ste Cécile Beefort-Haler-Waldbëlleg asbl*


Foto: Damaris



Foto: Olivier Glod

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

# VUM PICASSO INSPIRÉIERT

## Interview mat der Laure Smit-Wildanger vu Chrëschtnech

Vu Klengem un hat d'Laure eng enk Verbonnenheet mam Porzeläin an der Keramik. Opgewuess ass si am Rollenger Gronn. Béid, hir Mamm an hir Groussmamm hu bei Villeroy&Boch geschafft. Do läit et bal op der Hand, datt si zanter Joerzéngten Keramik Konscht mécht.

D'Laure ass déi lescht Kënschtlerin aus eiser Serie, déi beim Meet&Greet mat de Kënschtler aus der Gemeng derbäi waren. Si huet net nëmmen e Stand mat hire Keramik Kreatioune gemaach, ma och e beléifte Kannerworkshop ugebueden. D'Serie vun 3 Workshoppe, fir eng Schildkröt aus Leem ze formen, waren integral ausgebucht.

D'Laure lieft hir Passioun, dat spiert een, egal ob beim Workshop mat de Kanner oder bei der Visitt vun hirem Atelier. Wéi ech am Mäerz zu Chrëschtnech beim Laure op Besuch war, stounge vill Huesen a Péckvillercher op den Etagèren.





**Wéini hues du mat der Konscht ugefaangen a wéi eng Entwécklungen hues du gemaach?**

Ech maache schonn zanter iwwer 25 Joer Konscht. Am Ufank hunn ech vill Schmuck nieft der Keramik gemaach. Bei der Keramik sinn ech awer bis haut bliwwen. De Moment experimentéieren ech vill mat verschiddene Glasuren, well dat einfach ëmmer eng Iwwerraschung ass wann een d'Saachen aus dem Uewen hëlt.

Soss hunn ech vill Raku Technik gemaach an haut schaffen ech haaptsächlech mat Héichbrand – wat sech doduerch auszeechent, dass et wanterhaart ass, een d'Saache kann an d'Spullmaschinn, an de Schäffchen an och an d'Mikrowell setzen.

Ugangs ware meng Kreatiounen haaptsächlech Dekoartikelen, ma well een sech och ëmmer muss der Demande vun der Clientèle upassen, maachen ech mëttlerweil och vill Haushaltsartikelen.

**Dat mécht dir awer och Spaass?**

(Laacht) Natierlech, ech maache just Saachen déi mir Spaass maachen. Dat Ganzt hëlt awer immens vill Plaz ewech an d'Produktioun mam Brennen ass wierklech en deieren an zäitopwännegen Hobby. Dobäi kënnt, dass ech och nach gäre Porzeläin a Keramik kafen. Well ech keng Plaz hu fir dat alles ze halen, verschenken ech dacks al Saache fir nees Plaz fir Neies ze hunn. Esou ass et och, wann ech op engem Maart gutt verkaaft hunn. Da ginn déi Suen direkt nees an neit Schaffmaterial investéiert.

Ech schaffen och op Bestellung, mee do mussen d'Leit e bësse Gedold hunn. (Schmunzelt) Wann ech grad keng

Loscht hunn oder dee Moment net inspiréiert fir den Optrag sinn, kann et gär emol e puer Méint dauere bis d'Bestellung fäerdeg ass.

**Wat oder wien inspiréiert dech?**

Enges Dags hunn ech Eile vum Picasso an engem Musée gesinn. Well déi mir esou gutt gefall hunn, wollt ech och esou Saache maachen. Mat der Keramik hunn ech ugefaange well meng Kanner, wéi se kleng waren, op Buerglënster a Leemcoursë gaange sinn. Doduerch sinn ech zu menger grousser Passioun komm.

Well mir elo schonn iwwer 30 Joer Chrëschtnech eist Doheem nennen, war et mir ëmmer schonn ee Begier ee Fiisschen a menger Kollektioun ze hunn. De Fiisschen ass elo mat mengen aneren Déieren Deel vu menger Auswiel déi ech op de Keramikmäert weisen.

D'Natur inspiréiert mech an ech kucke reegelméisseg wat aner Kënschtler maachen, net fir si nozemaachen, ma fir ëmmer nees op nei Iddien ze kommen an och ëmmer nees en Challenge fir nei Techniken ze hunn. Och wann ech Déiere maachen, kënnt den Design aus mengem Kapp. D'Proportioune stëmmen do meeschtens net, mee dat ass jo d'Kreativitéit bei der Saach.

Dann ass et mir awer och wichteg den Engel a meng Fraefiguren net ze vergiessen. All Joers maachen ech en neien Engel, e bësse wéi beim Péckvillchen, wou et jo och all Joer en Neie gëtt.

D'Begeeschterung fir d'Matière war ëmmer schonn do – et kann een eppes opbauen aus praktesch Bulli (laacht).



Duerno kann een drop molen an d'Iwwerraschung nom Brennen, wéi d'Faarf verleeft, ass ëmmer nees spannend.

**Zum Schluss ukomm, so eis wgl. nach eng Kéier deng fix Mäert wou een dech fanne kann.**

Zanter 12 Joer sinn ech ëmmer op der Eemaischen an der Stad. Da fënnt ee mech zu Bäerdref um Haupeschmaart an am Mëllerdall op der Heringer Millen um Chrëschtmaart.

*Bei Interessi un hirer Aarbecht,*
*kënnt dir um 621 169 732 uruffen.*



*Interview an Text:*
*Yolande Kirsch*

*Fotoen:*
*Famill Smit-Wildanger,*
*Yolande Kirsch an*
*Olivier Glod*

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

## "Festival 30 Joer Uergelfrënn Waldbëlleg 1996-2026" – Concerten den 1. an den 22. Mäerz

Wéi am leschte *Fuuss* annoncéiert, feiere mir eist Jubiläumsjoer 2026 mat am Ganze sechs Concerten, dovun zwéin am Mäerz a véier am Mee.

Am Mäerz hu mir also zwéi wonnerbar mä grondverschidde Concerten erlieft, wou eis Uergel mol als Renaissance-, mol als Barockinstrument zur Geltung komm ass.

Den 1. Mäerz hate mir de Renaissance-Ensembel Quatricinia als Gäscht, zesumme mam Diddelenger Organist Alessandro Urbano. Si hunn eis Stécker aus dem 17. Joerhonnert aus Däitschland an Osteuropa gespillt.

Reng chronologesch, gehéiert dat zwar schonn zum Barock, mä de Stil vun dëser weltlecher Instrumentalmusek huet éischter no Renaissance geklongen. Dat läit deelweis un den Instrumenter: ausser Barocktrompett, Saqueboute (eng fréi Form vun der Zugposaun) an Dulzian (Ur-Fagott) goufe Blockflütten, e klengen Duddelsak an e Cornettino gespillt (déi lescht vum Multi-Instrumentalist Juan Ullibarri).

E Wuert zum Cornettino, well dee war deene meeschten Nolauschterer nei. Dat ass en Instrument aus dem 16. bis 17. Joerhonnert, wat e Mondstéck wéi eng Trompett huet, awer mat Fangerlächer wéi bei enger Blockflütt gegraff gëtt. Den héije, rengen Toun erënnert un eng Trompett oder esouguer un eng mënschlech Stëmm.

Op der Uergel huet den Alessandro Urbano gewosst, déi héichsten a kräftegste Regësteren auszenotzen, fir sech géint déi aner Instrumenter ze behaapten, zemools am Stéck *Battaglia* vum Johann Caspar Kerll.

*Ensembel Ad Libitum mam Jos Majerus*





*Ensembel Quatricinia mam Alessandro Urbano*



*De Jean-Luc Blasius spillt de Chalumeau*

E klenge mä begeeschterte Publikum huet dee wonnerschéine Concert appreciéiert a mat engem décken Applaus op eng Zugab insistéiert. D'Musikante kruten alleguer Ouschterblummen als Kaddo iwwerreecht. Nom Concert hunn d'Uergelfrënn op e Patt an d'Cafeteria invitéiert. (Schnittercher goufe vun der Bäckerei Marques vu Beefort geliwwert).

Am Ensembel Quatricinia hu gespillt: Juan Ullibarri (Cornettino, Alt-Saqueboute, Volksklarinett, Duddelsak); Heather Madeira (Barock-Trompett); Leon Ni (Tenor-Saqueboute); Idoia Bengoa (Dulzian, Blockflütt), an och den Alessandro Urbano (Uergel).

Den zweete Concert vum Festival ass dann e Sonndeg den 22. Mäerz iwwert d'Bün gaangen. Den Ensembel Ad Libitum huet gespillt, zesumme mam Jos Majerus, senges Zeechens Organiste titulaire vun der Iechternacher Basilika.

Et war eng Freed, de Jos (aus dem Nopeschduerf Iermsdref) an de Rosch Mirkes mat senger Ekipp erëm zu Waldbëlleg ze begréissen. Fir de Jos war dat déi zweet Kéier, fir Ad Libitum esouguer déi véiert!

Um Programm stoungen ë.a. Wierker vum Händel a vum J S Bach. Ugefaangen huet de Concert awer mat der Ouverture GWV 484 fir Chalumeau, Sträicher a Basso continuo vum Christoph Graupner.

De Graupner war en Zäitgenosse vum Bach, an och 1722 e Konkurrent fir d'Plaz vum Thomaskantor zu Leipzig (dem Graupner säin Arbeitgeber, de Landgraf vun Hessen-Darmstadt, wollt hien awer net goe loossen).

De Chalumeau – hei gespillt vum Klarinettist Jean-Luc Blasius – ass eng fréi Form vun der Klarinett, oder besser gesot vum ënneschte Regëster vun der Klarinett. De Jean-Luc Blasius huet eis iwwerzeegt vun den expressive Méiglechkeete vun dësem Instrument, wéi och vun der Qualitéit vum Graupner sengem Wierk.

Zum Schluss huet de Jos Majerus mam Ensembel e Concerto gespillt (ursprénglech fir Cembalo geschriwwen)



*Alessandro Urbano (Uergel), Leon Ni (Saqueboute)*

vum Johann Sebastian Bach. Et war e Genoss nozelauschteren, wéi si alleguer gewosst hunn, d'Gläichgewiicht zwëschent der Uergel an dem Sträichensembel ze halen.

Et hu gespillt: Jean-Luc Blasius, Chalumeau; Ursula Garnier, Johanna Weirich, Gei; Noah Mayer, Braatsch; Leonore Sá, Cello; Jean-Daniel Haro, Kontrabass; Rosch Mirkes, Cembalo; Jos Majerus, Uergel.

Als Kaddo kruten all d'Musikanten eng Tiitche mat lokale Produkter, geliwwert vum Ben Weber (La Bottega-Gudde Kascht) vun Haler. Nom Concert gouf et e Patt beim Izo am Café Dina zu Waldbëlleg.

Mir soen der Gemeng Waldbëlleg nach eng Kéier Merci fir all hir finanziell a moralesch Ënnerstëtzung iwwert d'Joren. E Merci gehéiert och dem Parverband Mëllerdall-St Michel, dass mir d'Kierch däerfe fir eis Concerte benotzen. Schlussendlech och e grousse Merci un eis Sponseren, déi Reklammen an eis Publizitéitsbroschür gesat hunn, an zwar: De Grénge Männchen, Miedernach; Agence



Friederes Scheier Kuhn & Schmit, Dikrech a Konsdref; Freckeisener Distillerie; Pharmacie de Larochette; Electricité Bettendorf, Chrëschtnech; Nouvelle Bicolux, Iermsdref; Inter Central Pneu, Miersch; Gedrénksbuttek Weber, Iechternach; Peinture Magique, Waldbëlleg; Husstech Consdorf; Electro Cruz, Fiels.

Iwwert déi aner véier Concerten, den 10., 16., 17. an 31. Mee, gëtt am nächste *Fuuss* bericht. Affaire à suivre!

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Damaris Pletschette*



# DE GALACONCERT

Dëst Joer hat d'Waldbëlleger Musek sech e ganz besonnesche Motto fir de Galaconcert erausgesicht: „A NIGHT AT THE MUSICALS" . Mat engem neie Raumkonzept an zwee exzellente Sänger gouf de Concert zu engem Erliefnes fir all Sënner.

Scho beim Betrieden an d'Hal hunn d'Gäscht gemierkt, datt dëst Joer eppes aneschters war. Fir eng aner Atmosphär ze schafen, war d'Bün dës Kéier aneschters gedréint ewéi déi Jore virdrun. Och de Publikum souz dëst Joer komplett ënnen an der Hal, dës nei Dispositioun huet de Sall an e richtege Musical-Theater verwandelt.

Den Orchester huet dat éischt Stéck ganz ouni Gesang gespillt, fir d'Leit richteg a Stëmmung ze bréngen. Eréischt duerno koumen déi zwee Sänger mat op d'Bün.

Vum éischten Toun u war kloer, datt dëst kee gewéinleche Concert géif ginn. D'Sopranistin, Sabine Goedert-Breil, huet mat senger glasklorer Stëmm de Publikum verzaubert. Als Kontrast huet den Tenor, Ignacio González, mat senger kräfteg-waarmer Stëmm d'Bün gefëllt. D'Zesummespill tëscht hinne war gepräägt vu géigesäitegem Respekt a musikalescher Leidenschaft, wat de Publikum schlussendlech mat Standing Ovations belount huet.

Datt alles sou perfekt geklappt huet, hat een dem Dirigent, dem Ben Weiland ze verdanken. Hien hat de ganzen Owend alles am Gréff an huet d'Musikanten an d'Sänger sécher duerch de Programm geleet.


Et war en Owend, deen eemol méi gewisen huet, datt d'Waldbëlleger Musek fir Innovatioun a musikalesch Qualitéit steet.

Nom Concert gouf nach vill geschwat a gelaacht, wat dëse gelongenen Owend perfekt ofgeronnt huet.

Ee grousse Merci geet och dëst Joer un eis Gemeng an un eis Sponsore fir hir Ënnerstëtzung.

*Tessy Feltgen*
*Waldbëlleger Musek*















ECHTERNACH
Ecole Régionale de Musique



## Éclats de Voix - Gala du département de chant

**JEUDI | 25.06.26 | 18:30 | TRIFOLION ECHTERNACH**

Avec les classes de formation chorale de Nicole Thomé, les classes de chant classique d'Ursula Thies et d'Evelyn Czesla et la classe de chant Rock/Pop de Stephany Ortega


Entrée 12€ / gratuit < 13 ans

Tickets sur place et sur www.trifolion.lu

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu

ECHTERNACH TRIFOLION

ECHTERNACH
Ecole Régionale de Musique



## Soirée Folklore Afro-cubaine

**JEUDI | 18.06.2026 | 20:00 | TRIFOLION ECHTERNACH**

Avec les élèves et enseignants des départements de musique latine de l'École Régionale de Musique d'Echternach et du Conservatoire de la Ville de Luxembourg

**Entrée gratuite**

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu

CONSERVATOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG

ECHTERNACH TRIFOLION

# KËNSCHTLER AN EISER GEMENG
## Interview mat der Yannchen Hoffmann (Mezzo-Sopran) an dem Carlo Hartmann (Bariton)

Ëmmer méi Leit sinn un ale Lëtzebuerger Wierder, Spréchelcher, zolitte Riedensaarten a Lidder, interesséiert. Si sinn en Deel vun der Lëtzebuerger Identitéit. An deem Sënn kann ee roueg soen, datt d'Yannchen Hoffmann an de Carlo Hartmann mat hiren Optrëtter uechter d'Land vill zur Verbreedung vun de Lëtzebuerger Vollekslidder an der Stack-Lëtzebuerger Sprooch bäidroen.

Ween zu Lëtzebuerg kennt net dës interessant Kënschtlerkoppel, déi reegelméisseg op de Bünen hei, awer och am Ausland, Lidder, Gedichter a Stécker vu bekannte Schrëftsteller a Komponiste presentéieren.

**Är rezent Concerte sinn zur Geleeënheet vum 70. Doudesdag vum Poutty Stein (1888-2025), dem Papp vun der „chanson luxembourgeoise". D'Première war den 8. November 2025 um Colmer-Bierg, weider Concerte sinn dëst Joer zu Stengefort, Zolwer, Uespelt an Téiteng.**

**Wat huet de Poutty Stein eis haut nach ze soen?**

D'Yannchen zitéiert mer als Äntwert eng Bemierkung vum Poutty Stein: „Il m'a toujours semblé une bonne action de faire rire le public." Mat sengem eenzegaartegen Humor hëlt de Poutty Stein d'Lëtzebuerger Gesellschaft op d'Schëpp. De Poutty Stein huet seng Zäitgenosse beschriwwe wéi hie se gesinn huet: Voll Liewensfreed, mam Drang no Fräiheet an hiert antiautoritäert Denken. Mee hien huet och de Geck mat der Schäinhellegkeet, der Opgeblosenheet an dem reaktionären Denke vu senger Zäit gemaach. All déi Theeme sinn och haut nach aktuell.




**Wéi eng Lëtzebuerger Schrëftsteller oder Komponisten hutt der nach op d'Bün bruecht?**

Den Dicks (Edmond de la Fontaine), Alain Atten, Ausguste Liesch an natierlech Hartmann & Hoffmann!

**Wéi gitt der vir, wann der eng Selektioun vun hire Wierker maacht?**

D'Haaptsaach fir eis ass den Ënnerhalungswäert fir de Publikum, duerno dat Pedagogescht, am Sënn vun: Wat braucht d'Vollek am néidegsten? An dann nach d'Machbarkeet.

**Hutt dir eng fest Ekipp, déi iech musikalesch ënnerstëtzt?**

An der Zäit vun eiser „Opéra du Trottoir a.s.b.l." hate mer alt 50 Leit op der Bün. Lo hu mer virun allem eis Dréiuergel, déi de Carlo sech 2007 extra zu Wien baue gelooss huet. Op der Yannchen Hoffmann hire rezenten Chanson–Owender gouf si vum Erny Delosch um Piano a vum Eugène Bozzetti um Akkordeon begleet.

**Wéi oft a wou prouft dir?**

Mir schaffen heiheem an all Dag un eise Stëmmen an un neie Programmer.

**Spillt dir nach am Ausland?**

Mir waren allen zwee vill am Ausland aktiv: Wien, Innsbruck, Tel Aviv, San Franscisco, Saarbrücken, Wiesbaden, Mönchengladbach, Köln, Paräis, Warschau, Széget (Ungarn) ... Lo hu mer eis Engagementer am Ausland op e Minimum reduzéiert. Mir sinn nach an Éisträich, zu Salzburg/Wien, mee spille virun allem zu Lëtzebuerg.



**Hutt der och Solo-Projeten?**

D'Yannchen vun Zäit zu Zäit, wéi z.B. hire Chanson-Owend „Liebe Triebe" am TNL (2017) a „Je suis comme je suis" am Mierscher Theater (2021).

**Wéini hutt dir ugefaang, zesummen ze sangen?**

1991 („De Scholdschäin" vum Dicks).

**Wat mengt der, erkläert de Succès vun ären Optrëtter uechter d'Land?**

Mir hunn e gutt Gespier wat de Publikum brauch a wëll, a mir maachen nëmme Saachen, déi ons Spaass maachen. An da maache mir vill selwer: D'Arrangéieren oder Komponéiere vu Lidder, d'Kostümer, d'Posteren, ... a ginn och op Tournéeë fir eis Konscht a Kultur ënnert d'Leit ze bréngen.

**Wären déi lëtzebuergesch Owender och interessant fir déi Leit, déi nach net sou vertraut si mat der Lëtzebuerger Kultur a Sprooch?**

Wa se sech dru ginn ... jo!

**Wat gefält iech an eiser Gemeng?**

D'Natur, an d'Besonnenheet vun de Leit; et gëtt net oniwwerluecht gehandelt; wa geplangt gëtt, da laangfristeg.

**Wat steet nach un, a wou kritt een Infoen iwwert äre Programm?**

Nieft de Poutty Stein Owender hu mer am CNL zu Miersch den 2. Juni Chansons fir de Jacques Steffen mam Erny Delosch um Piano an de 6. Juni e Concert mat der Éilerenger Musek am Artikuss zu Zolwer.

Fir méi Detailer iwwert eis Eventer, kënnt dir eis eng Mail

op ***harthoff@pt.lu*** schécken.

*Text : Isabelle Oberlé,*
*Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann*
*Fotoen : Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann*

# SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE A.S.B.L.

Den 28. Februar 2026 war um Kärespäicher am Mëllerdall d'Generalversammlung vun der S. P. L., der Société préhistorique luxembourgeoise, déi hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg huet.

D'Presidentin Denise Leesch huet déi 47. Assemblée générale vun der S. P. L. opgemaach an all d'Leit begréisst, virun allem d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg, an d'Hären David Weis, Direkter vum INRA, dem Institut national de recherches archéologiques, Bob Bintz, Buergermeeschter vun der Ärenzdallgemeng, Jacques Bonifas, President vun der GKA, de Georges Kayser Altertumsfuerscher, an och d'Vertrieder vun den Éisleker Geschichtsfuerscher. De Kulturminister Éric Thill hat sech entschëllegt. D'Presidentin huet un déi am Laf vum Joer verstuerwe Memberen erënnert: Guy Heinen (Lénger), Pierre Ziesaire (Briddel), Margot Ziesaire-Wangen (Briddel), Yvonne Weicherding-Welter (Gréiwemaacher), Carlo Riechert (Lëtzebuerg) a Marc Heinen (Crautem). De Fernand Spier huet ënnerstrach, datt de Pitt Ziesaire eng ganz entscheedend Roll beim Entstoe vun der Société préhistorique a vun hirer Bibliothéik hat.

De Romain Meyer huet missen ophale mat sengen Aktivitéiten als Member vum Comité a vum Grupp Georessourcen, well hien d'Direktioun vum geologesche Service a Grönland iwwerholl huet. Verschidde Studenten an der Préhistoire schaffen elo an der S. P. L. mat. D'Presidentin hofft, datt déi Studente spéider kënnen op Lëtzebuerg schaffe kommen a versprécht hinnen dobäi Ënnerstëtzung, virun allem am Kader vun der Bourse vun der Fondation Schleich-Lentz.

Si huet och alle Membere Merci gesot fir d'Hëllef an den Aarbechtsgruppen, speziell dem J. Gruen an dem G. Jomé fir d'Entwéckele vun den archeologeschen Tier. Déi sinn esou populär ginn, datt d'Societéit der Demande net ka ganz nokommen. De Mike Rippinger krut Merci gesot fir seng Hëllef am Grupp Sandsteen a beim Uschafe vu pedagogeschem Material, dat an de Coursë vun der S. P. L. néideg ass.

De Comité ass beonrouegt, well d'S. P. L. an hir Bibliothéik net méi an d'Raimlechkeeten an der Schoul hanneschtkomme kënnen, esou wéi dat virun der Renovatioun envisagéiert gi war. D'Gemeng brauch déi Raim fir








d'Schoul. Et gëtt zesummen no enger Léisung gesicht, well d'S. P. L. géif gären an der Regioun bleiwen an do en adequate Raum fannen fir d'Bibliothéik a fir d'Reuniounen. Den INRA ass an deem Kontext fir Ënnerstëtzung gefrot ginn.

D'Generalsekretärin huet den Aktivitéitsrapport vum Joer 2025 presentéiert. D'S. P. L. huet 185 Memberen, dovunner 34 am Ausland. De Comité setzt sech esou zesummen: Denise Leesch, Presidentin, André Schoellen, Vizepresident, Philippe Colbach, Tresorier, Marie Paule Wagener, Generalsekretärin, Luc Franck, Georges Jomé, Jerry Grün, Romain Meyer, Jean-Paul Muller, John J. Muller, Jean-Paul Stein, François Valotteau. 2025 ass de Comité véier Mol zesummekomm.

Den Informatiounsbréif fir d'Memberen ass och véier Mol erauskomm. 2025 ass kee Bulletin vun der Société préhistorique publizéiert ginn. Véier Artikele si fäerdeg, mee et musse wéinstens 180 Säiten zesummekommen fir esou e Bulletin. D'Internetsäit ***www.prehistoire.lu*** gouf reegelméisseg aktualiséiert. Do stinn och d'Informatiounsbréiwer an d'Bulletinen drop.

Den Aarbechtsgrupp Bibliothéik huet déi 80 nei Publikatioune geréiert, déi erakoumen. De Grupp huet ugefaange mat engem komplette Katalog vun der Bibliothéik, eng Aarbecht, déi nach eng Zäit dauere wäert.

De Grupp  Étude des sites préhistoriques de surface huet sech op de Projet konzentréiert, fir deen d'Fondation Schleich-Lentz eng d'Bourse gouf, nämlech déi systematesch Erfaassung vun de Sammlunge vum Marcel Ewers a vum F. Marx. An deem Kontext huet de Raoul Topi




de grousse Plateau vu Bigelbaach analyséiert, wat am nächste Bulletin publizéiert gëtt. De Grupp huet der Famill vum 2024 verstuerwene Member vun der S. P. L. Peter Weber gehollef, deem seng imposant Sammlung ze klasséieren, mat der Hëllef vum Wilhem Gebers vun Hannover, Archeolog, Member vun der S. P. L. a Frënd vum Pit.

De Grupp Georessourcen ass virugefuer mam Studéiere vun de Roches noires dévoniennes, aus deene vill Beiler an Aarmschutzplacke gemaach goufen. D'Resultater si verglach gi mat deene vu Stécker aus Frankräich.

De Grupp Sandsteen huet déi sougenannt Schläifrillen, Gleitfurchen an aner mënschlech Spueren am Lëtzebuerger Sandsteen ënnersicht. Zil ass eng aktualiséiert Versioun vum Dr. Ernest Schneider sengem 1939 publizéierte Wierk *Material zu einer archäologischen Felskunde des Luxemburger Landes*.

No enger Visitt am Heimatmuseum zu Eisenach ass d'Iddi enstane vun engem neie Grupp: Micromuséeën. Där ginn et eng Partie, an et sinn der och nach méi ginn an der Vergaangenheet, an der Regioun Lëtzebuerg-Tréier-Bitbuerg. Déi solle repertoriéiert ginn. De Grupp gëtt geleet vum Ruth Scheuer a vum Georges Moes, Membere vun der S. P. L.

Den Tresorier Philippe Colbach huet de Keessebericht virgestallt, deen dem neien asbl-Gesetz no an zwee Deeler opgedeelt gëtt. D'Recetten 2025 waren 11.920 Euro, dovunner 6.000 vun der Bourse Fondation Schleich-Lentz. D'Depensë waren 13.092,36 Euro. Den 31. Dezember 2025 hat d'S. P. L. 54.042,20 Euro. D'Keess ass vun de Reviseure Georges Schaul a Laurent Schroeder gekuckt a fir gutt fonnt ginn. Den Tresorier an och de Comité kruten eestëmmeg d'Decharge. D'Cotisatioun bleift bei 30 Euro, 15 fir Schüler a Studenten. Am Budget 2026 sinn 9.500 Euro virgesi fir de Projet, dee vun der Fondatioun Schleich-Lentz ënnerstëtzt gëtt, a 5.000 Euro fir den nächste Bulletin.




**D'Presidentin huet déi nächst Aktivitéite virgestallt:**

***21.03.2026:*** Vum Faustkeil zum Millesteen, Initiatioun an d'Virgeschicht, mat dem NGPM zesummen, dem Natur- a Geopark Mëllerdall.

***09.05.2026:*** Spueren um Fiels - Traces anthropiques sur le grès de Luxembourg, mam NGPM.

***09.05.2026:*** Initiation au dessin scientifique/Einführung in wissenschaftliches Zeichnen.



***14.06.2026:*** Europäesch Deeg vun der Archeologie a Porte ouverte, am Mëllerdall, mat dem NGPM an dem INRA.

***20.-24.06.2026:*** Ausfluch an d'Regioun vun Halle.

***11.-12.07.2026 (provisoreschen Datum):*** Viruschaffen un der Kollektioun vum Pit Weber zu Holstem.

***10.10.2026 (provisoreschen Datum):*** Olymp Tour, Prospektéieren zu Noumer.

***24.10.2026 (provisoreschen Datum):*** Tour bei de Schwaarze Mann am Mëllerdall.

D'Presidentin huet sech besuergt gewisen iwwert d'Situatioun um Site Beefort-Heed. Ouni Autorisatioun ass do de Buedem op siwen Hektar ewechgeholl ginn, am Areal, dee vum Raoul Topi gekuckt gëtt, deen do dann och zwee Steebeiler an deem beweegte Buedem fonnt huet. Dat weist, datt et wichteg ass, op déi néideg Autorisatiounen ze insistéieren.

Um Site Reisdorf-Zëpp ass e Chantier virgesinn. Do hat de Jo Goergen verschidden Artefakte fonnt an dee Site ass ee vun de wichtegste vun deenen, déi de Jos Herr an de 70er Joren ënnersicht a publizéiert hat. D'S. P. L. wëllt déi Aarbechte suivéieren.

Dono huet d'Archeologin Laurie Martineau eng Konferenz presentéiert mam Titel *Les polissoirs fixes dans les Vosges du Nord et du Sud du Palatinat*, déi äifreg diskutéiert gouf.

D'Assemblée générale ass ofgeschloss gi mam Éierewäin, deen d'Gemeng Waldbëlleg spendéiert hat.

*De Rapport ass verfaasst gi vun der Marie Paule Wagener, Generalsekretärin.*

*Iwwersetzung a Fotoen AG: Marc Barthelemy*
*Foto Schwaarze Mann: Pierre Haas*

# VIRUN 150 JOER ASS DE MICHEL RODANGE GESTUERWEN – DUERCH DE *REENERT* ASS HIEN ONSTIERFLECH GINN

Virun 150 Joer, de 27. August 1876, ass de Méchel Rodange zu Clausen an der Stad am Alter vun nëmmen 49 Joer gestuerwen. Zu deem Zäitpunkt war hien am Land bal onbekannt. Hie gouf net als Nationaldichter ugesinn, mee als fréiere Schoulmeeschter, Kantonalpikär a Beamten an der Stroossebauverwaltung. Säi Begriefnis ass bescheide verlaf. Näischt huet dorop higewisen, datt grad dëse Mann e puer Joerzéngte méi spéit als Auteur vum wichtegste Wierk vun der Lëtzebuerger Literatur gefeiert géif ginn.

D'Fro no der Gesondheet vum Rodange ass dofir besonnesch spannend. Seng Krankheet kann net nëmmen als medezinescht Evenement verstane ginn. Si ass gläichzäiteg eng sozial, biografesch a psychesch Geschicht. Seng Kandheet, seng Famill, d'sozial bescheide Verhältnisser, seng Idealer, seng Enttäuschungen an d'Reaktiounen op de *Reenert* hu säi Kierper a säi Geescht gepräägt.

De Rodange koum den 3. Januar 1827 zu Waldbëlleg op d'Welt. Hien ass an eng bescheide Famill eragewuess. Säi Papp war Schouster, seng Mamm koum aus enger Bauerefamill. Vun hire fënnef Kanner hunn nëmmen de Jean an de Méchel iwwerlieft. Déi héich Kannerstierflechkeet war deemools normal, mee si weist, wéi präsent déi Zäit Krankheet an Doud am Alldag waren.

De gréisste Broch a sengem Liewe koum fréi. Wéi de Rodange fënnef Joer al war, ass säi Papp un Typhus gestuerwen. De Schoustesch Méchel war eréischt 46 Joer al. D'Mamm Nannette ass mat de Kanner eleng zeréckbliwwen. De Rodange beschreift säi Papp als rouege Mann mat engem „schwéieren Häerz". Déi Sensibilitéit schéngt de Jong geierft ze hunn.

Och kierperlech war de Rodange ni robust. Hien hat net d'Kraaft fir déi schwéier a kierperlech Bauerenaarbecht. Seng Stäerkt louch am Geescht. Hie war wëssbegiereg, huet vill gelies an huet sech eng kleng Bibliothéik opgebaut. Däitsch Klassik a Romantik hu säin Denke staark gepräägt.

Als Schoulmeeschter hat hien héich Idealer. Hie wollt d'Kanner duerch Bildung aus der Aarmut erausféieren. Hie war iwwerzeegt, datt Erzéiung de Schlëssel fir eng besser Gesellschaft wier. Dës Haltung huet hien awer ëmmer nees a Konflikter mat Autoritéite bruecht. D'Quellen ënnersträichen, datt dës Konflikter him *„staark op d'Gemitt geschloen*" hunn.



Dës psychesch Belaaschtung ass wichteg ze ernimmen. Haut ass bekannt, datt emotional Stresssituatiounen a kierperlech Krankheeten sech géigesäiteg beaflosse kënnen. Beim Rodange fanne mir vill Hiweiser op bannenzeg Onrou, héich Erwaardungen an Enttäuschungen.

No der Aarbecht war Literatur seng grouss Passioun. Hie war gär ënnert de Leit, huet gesongen, Geschichten erzielt a war bekannt fir seng gutt Witzer. Gläichzäiteg schéngt eng emotional Déift ëmmer präsent gewiescht ze sinn.

Déi kierperlech Krankheet huet sech lues entwéckelt. Hie schreift selwer: *„Seit meinem 24. Jahr habe ich oft an starkem Magendrücken gelitten."* Domat gëtt kloer, datt d'Problemer scho laang virum eigentleche Mokriibs bestanen hunn.

Géint Enn vun den 1860er Jore gouf de Problem méi schlëmm. Ëm 1869 huet sech e Moschwier entwéckelt. Hie krut sauert Opstoussen, Verdauungsproblemer a staarken Drock am Mo. 1870 koum et zu enger Bluddung. 1872 war de Zoustand esou schlecht, datt hien eng Zäit laang huet misse krankgeschriwwe ginn, an ausspanen.



Déi zentral Quell ass säi Bréif vum 11. August 1876 un en Homeopath zu Tréier. Hei schwätzt de Rodange selwer iwwer seng Krankheet. Hie schreift: *„Ich leide seit neun Jahren mit kurzen Unterbrechungen an einem Geschwür im Pyloris."*

Duerno beschreift hie seng Symptomer mat enger aussergewéinlecher Präzisioun: *„Tägliches Erbrechen von saurem Wasser (...) große Schmerzen in den Gedärmen (...) gänzliche Abmagerung und Schwäche machen mir das Leben zur Qual."*

Dëse Saz ass wichteg, well en de physesche wéi psychesche Leidensdrock weist. D'Liewe war fir hien *„zur Qual"* ginn.

De Rodange erzielt weider, datt et dräi bis fënnef Mol am Joer zu Bluddunge koum. Hien notéiert, datt d'Erbrachent an de Stullgang schwaarz gefierft gewiescht wieren. Aus moderner Siicht kéint dat op intern Bluddungen hiweisen.

Och seng Ernärung war staark ageschränkt. Hien huet praktesch nëmme Mëllech, Bouillon a ganz wéineg Fleesch zou sech geholl. Kee Brout, kee Geméis, kee Kaffi, keng sauer Liewensmëttel. Trotz dësem strenge Regimm huet sech näischt verbessert.

Besonnesch beweegend ass de Schluss vum Bréif: *„Die Alliopathen*[1] *können mir die Wunde nicht heilen: Meine Hoffnung sind Sie."*

Hei schwätzt e Mann, deen nach op Heelung hofft, obwuel hie scho bal all Hoffnung verluer hat.

Interessant ass och, datt de Rodange an dësem Bréif bal wéi en Dokter argumentéiert. Hien diskutéiert iwwert d'Familljegeschicht, d'Verierflechkeet vu Kränkten a Symptomer. Hie schreift, datt *„Magenschwäche"* a senger Famill net onbekannt wier. Hie probéiert gläichzäiteg e Kriibs auszeschléissen: *„Krebsartig ist die Krankheit nicht"*. Aus der Siicht vun haut schéngt awer genee dat de Problem gewiescht ze sinn.

D'Quelle ginn dovun aus, datt sech aus dem Moschwier de Mokriibs entwéckelt hat. 1875 gouf de Zoustand dramatesch. Säi Frënd, de bekannte Komponist an Dirigent Laurent Menager, huet de Rodange kuerz viru sengem Doud besicht a war déif getraff beim Ubléck vum stierweskranke Rodange.

Nieft der kierperlecher Krankheet koum beim Méchel Rodange mat der Zäit och déi psychesch Komponent dobäi. Tëscht 1869 an 1872 huet de Rodange um *Reenert* geschafft. Verschidde Biografe schreiwen, datt seng Krankheet dem Wierk hire Stempel opgedréckt hätt.

De *Reenert* gouf souguer als *„Sécherheetsklapp"* beschriwwen. Dat bedeit: D'Schreiwe war méiglecherweis eng Form vu Veraarbechtung. Hien huet seng Enttäuschungen, säin Ierger a seng Erfarunge mat Ongerechtegkeeten am Alldag a sengem Haaptwierk verschafft.

Besonnesch schwéier muss de Mësserfolleg gewiescht sinn: wéi de *Reenert* 1872 publizéiert gouf, koum bal keng Reaktioun. Keng grouss Kritik, bal keng Lieser, bal keng Verkeef. Beim Doud vum Rodange waren nëmmen e puer Dosen Exemplare verkaaft.

Den Dr. Franz Delvaux huet spéider geschriwwen, datt déi bannenzeg Péng iwwer dës feelend Unerkennung eng *„grouss Schold u sengem fréien Dout"* gehat hätt. Hien huet dobäi ënnerstrach, datt emotional Belaaschtungen de Kierper staark beaflosse kënnen.

Och dem Rodange seng lescht Beruffsjoren si wichteg ze ernimmen am Kontext vu senger Gesondheet. D'Aarbecht an der Stroossebauverwaltung huet him Sécherheet ginn, mee si war net déi geeschteg Erfëllung, déi hien als Schoulmeeschter gesicht hat. Hie war e Mann vun der Erzéiung a vum Denken.

Gläichzäiteg gouf säin Alldag ëmmer méi vun der Krankheet bestëmmt. Am virdrun zitéierte Bréif schreift hien, datt de Schwier heiansdo vu baussen hätt kënnen ertaascht ginn, an datt en sech ëmmer nees an der Gréisst


[1] *Mam Begréff „Alliopathen" huet de Rodange déi klassesch Dokteren aus senger Zäit gemengt. Hien dréckt hei seng Verzweiflung aus, well d'Behandlungen net gehollef haten, an hien seng lescht Hoffnung elo an d'Homeopathie geluecht huet.*

verännert hätt – *„von der Größe eines Hühnereies bis zu der einer Haselnuß"*.

Dëse Saz weist, wéi intensiv hie säi Kierper observéiert huet. Hie war gläichzäiteg Patient an Observateur.

Dat Erstaunlecht ass awer datt ausgerechent Dokteren hien no sengem Doud onstierflech gemaach hunn. Den Dr. Auguste Neyen, den Dr. Jean-Pierre Glaesener, den Dr. Martin Klein an den Dr. Michel Welter haten no an no de *Reenert* fir sech entdeckt.

Si hunn erkannt, datt de Rodange am *Reenert* eng Diagnos vum Mënsch gemaach hat. Dora beschreift hie Charakterzich beim Déier (Mënsch) wéi Egoismus, Gier, Falschheet, Heuchelei a Verlugenheet, respektiv zeechent Biller vu Muechtspill a mënschleche Verfeelungen – bal wéi en Dokter, deen eng Krankheet analyséiert.


Renert

oder

de Fuuß am Frack an a Ma'usgrëßt.

Op en Reis fotografëert

vum

Engem Lëtzebreger.

Lëtzebuurg.

Drock vum J. Joris.

1872.

Den Dr. Martin Klein konnt de *Reenert* bal auswenneg virdroen. Den Dr. Michel Welter ass mat Virträg duerch d'Land gezunn. Doduerch ass de vergiessene Schoulmeeschter lues a lues zum Nationaldichter ginn.

D'Geschicht kritt domat eng bal symbolesch Dimensioun. D'Doktere konnten dem Rodange säi Kierper net retten, mee si hu säin Haaptwierk, de *Reenert*, gerett.

Dem Méchel Rodange säi Liewe weist dofir op impressionant Aart, wéi enk Gesondheet a Liewenssituatioune matenee verbonne sinn. Seng Krankheet war net nëmmen e biologesche Prozess. Si war och d'Resultat vun Enttäuschungen, Hoffnungen, Verloschter a sozialem Drock.

Aus deem Erlieften an Erliddenen eraus ass de *Reenert* entstanen. De Mënsch ass gestuerwen – d'Wierk lieft virun.

Eng weider biografesch Dimensioun, déi fir d'Gesondheetsanalys wichteg ass, ass dem Rodange seng Perséinlechkeet selwer. Verschidde Beschreiwunge weisen hien als sensibelen, idealisteschen a gläichzäiteg als Mënsch, deen säin Ëmfeld ganz genee konnt duerchliichten an analyséieren. Hien huet säin direkt Ëmfeld genee observéiert an d'Leit mat hiren Eegenschaften, Schwächten an Dugenden analyséiert. Genee dës Observatiounsfäegkeet mécht spéider och d'Stäerkt vu sengem *Reenert* aus. Gläichzäiteg kann esou eng Sensibilitéit awer och eng Belaaschtung sinn. Mënschen, déi hiert Ëmfeld emotional intensiv erliewen, reagéieren dacks méi staark op Enttäuschungen an Ongerechtegkeeten.

D'Quellen ënnersträichen ëmmer nees, datt de Rodange vill Ongerechtegkeeten a sengem eegene Liewe gesinn an erlieft hat. Hien hat héich moralesch Virstellungen, mee d'Realitéit war net ëmmer domat am Aklang. Dës Diskrepanz tëscht Ideal a Wierklechkeet huet hien net lassgelooss. Verschidde Biografe gesinn dofir am *Reenert* och e Wierk vun engem Mënsch, deen net nëmmen d'Gesellschaft kritiséiert, mee doranner och seng eegen Enttäuschungen an Erliefnesser verschafft huet.

Dobäi kënnt nach de soziale Kontext vum 19. Joerhonnert. D'medezinesch Méiglechkeete ware limitéiert. Haut géif een e Moschwier an e méigleche Mokriibs mat ganz anere Mëttele behandelen. Fir de Rodange bestoung d'Therapie haaptsächlech aus Regimm, Rou an e puer Mëttele géint d'Mosaier. Seng Hoffnung op den Homeopath weist och, datt hien sech no Alternativen ëmgekuckt huet, well déi klassesch Medezin him net méi hëllefe konnt.

Bemierkenswäert ass, datt hien trotz all deem nach geschriwwen huet. Hien huet net opgehalen, sech intellektuell mat der Welt auserneenzesetzen. Dat weist eng aussergewéinlech geeschteg Resistenz. Säi Kierper ass ëmmer méi schwaach ginn, mee säi geeschtegt Schaffen ass net verschwonnen. Éischter am Géigendeel: grad an dëser Zäit ass säi gréisste Wierk de *Reenert* entstanen.

Aus dësem Grond kann de *Reenert* och als Testament gelies ginn. Net als Testament vun engem Mann deen um stierwe läit, mee als Ofschloss vun engem Liewen, dat vu Sensibilitéit, Aarbecht, Krankheet a Reflexioun gepräägt war. De Rodange huet am *Reenert* net nëmmen Déiere schwätze gelooss; hien huet d'Mënschsinn analyséiert.

